

Deen Text ass ausgedeelt ginn a läit virun lech. Wa keen d'Wuert wëllt ergräifen, da fänke mer direkt un do-riwwer ofzestëmmen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Mir kënnen och direkt ofstëmmen.

M. le Président. - D'Artikele mussen nach virgelies ginn.

Lecture du texte des propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés (par M. Jean Asselborn)

D'Artikele 4 (6), 29 (1) an (2), 42 (9), 130, 149 (1), (2), (3) a (4), 150 (1), (2) an (3) an 151 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vun de Modificatioune vum Reglement.

Vote

Déi fir déi Ännerunge sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthale sech.

D'Ännerunge vum Reglement vun der Chamber sinn ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Laurent Mosar, Patrick Santer, Jean Spautz, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps (par Mme Maggy Nagel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jeannot Krecké), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Esou wéi et am Artikel 188 vum Chamberreglement festgehalten ass, trieden dës nei Dispositiounen den 1. August 2002 a Kraaft. Et goufe keng Neen-Stëmmen a keng Abstentiounen.

Domat wier dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4948 iwwert d'Upassung vun de Statsbeamtegehälter. Et si schonn ageschriwwen déi Häre Sunnen an Di Bartolomeo, d'Mme Nagel, d'Häre Gibéryen, Bausch an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet, den honorablen Här Gusty Graas.

6. Projet de loi 4948 modifiant et complétant

a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'Etat ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat,

b) la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

M. Gusty Graas (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, an der Regierungserklärung vum 12. August 1999 war ënner anerem Folgendes iwwert d'Gehälterpolitik am öffentlechen Déngscht festgehal: "Le Gouvernement négociera avec l'organisation syndicale la plus représentative du secteur Etat pour mettre en oeuvre une politique salariale continue dans le secteur public s'inspirant étroitement de la situation économique et de l'évolution générale des salaires."

Den 29. Mee 2000 ass et jo dunn zum éischten Accord mat der CGFP komm. Deen hat eng Gültgkeet bis den 31. Dezember 2001 a well jo an der Regierungserklärung festgehal gi war, datt am Prinzip soll all zwee Joer frësch négociéiert ginn, sinn dunn Enn 2001 nei Verhandlungen ugelaft tëschent der Regierung, vertrie- den duerch d'Ministesch Lydie Polfer an de Statssekretär Jos Schaack, an der CGFP. No aacht Sëtzungen ass ee sech eens ginn an den 21. Mäerz 2002 ass dunn deen neien Accord ënnerschriwwen ginn.

Ech wëll an dësem Kontext ervirhiewen, datt am Virfeld d'Kommissioun vun der Fonction publique et de la Réforme administrative informéiert gi war iwwert d'Resultat vun deem Accord, esou wéi dat scho bei deem éischten Accord am Joer 2000 war, wat iwwregens fréier net de Fall war.

A senger Réunioun vum 21. Juni vun dësem Joer huet dunn d'Kommissioun de Rapporteur genannt a souwuel

d'Gesetz wéi déi zwee Avisen analyséiert. Et louché jo d'Avisé vum Statsrot a vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics vir. Béid Avisen haten u sech näischt Negatives virzeweisen.

Esou huet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics Folgendes geschriwwen: "Etant donné que le projet de loi sous avis correspond entièrement à ce qui a été convenu entre partenaires sociaux, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ne voit aucune raison pour critiquer les mesures y prévues et elle marque en conséquence son accord avec le texte proposé."

De Statsrot sengersäits hat nach d'Fro iwwer eng Etude comparative, wat d'Evolution vun de Gehälter an anere Secteuren ubelaangt, opgeworf. Eng Fro op dës Äntwert gouf et am Exposé des motifs vum Gesetz. D'Regierung huet am Kader vun de Verhandlungen ënner anerem verschidde comparativ Etüden, wat déi assimiléiert Secteuren a virun allem de konventionéierte Secteur ubelaangt, aktualiséiert. Well awer d'Konklusioun vun dëser Etüd an de leschte Joren zu enger gréisserer Onzufriedenheet gefouert huet, virun allem wéi gesot, wat d'Methodologie ubelaangt, ass dës Etüd net als Diskussiounsbasis zréckbehale ginn. De 4. Juli hu mer dunn an der Kommissioun de Rapport ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en Accord salarial, virun allem natierlech am öffentlechen Déngscht, ass un éischer Linn ofhängeg vun der wirtschaftlecher Situatioun vum Land. Et kann ee roueg behaupten, datt dësen Accord de Statsfinanzen esou wéi de Prinzipien, déi fir dës Legislaturperiod a Saache Gehälterpolitik opgestallt goufen, Rechnung dréit.

Dësen Accord ass fir eng Lafdauer vun dräi Joer ënnerschriwwen ginn. E gëllt also fir d'Joer 2002, 2003 an 2004. Well jo awer am Prinzip all zwee Joer soll en neien Accord négociéiert ginn huet d'Regierung akzeptéiert fir am Fall, wou eng signifikativ Verbesserung vun der wirtschaftlecher Situatioun kéim, den Accord nei ze négociéieren.

Duerch dëse Gesetzesprojet gëtt dat modifizéiert Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert d'Fixatioun vum Punktwäert a vum Gehälterregime bei de Statsbeamten ëmgeännert, esou wéi d'Gesetz vum 21. Dezember 2001 iwwert de Statsbudget vum Exercice 2002.

Wat beinhalt dann elo deen neien Accord? D'Kärstéck ass natierlech déi linear Erhéijung vum Punktwäert an deenen nächsten dräi Joer vu jeeweils 1,6% an dat réckwierkend op den 1. Januar 2002. Op den 1. Januar 2003 an den 1. Januar 2004 gëtt dann de Punktwäert nach eng Kéier ëm 1,6% erhéicht.

An deem Kontext soll vläicht vermierkt ginn, dass mer hei zu Lëtzebuerg zwee verschidde Punktwäerter hunn. Deen ee gëllt fir d'Fonctionnaires, d'Stagiaire-Fonctionnaires an eng Rei Employéen an deen anere gëllt fir déi Employéen, déi net ënnert d'Dispositiounen vum Artikel

aacht vum modifizéierte Gesetz vum 27. Januar 1972 iwwert de Regime vun den Employéë beim Stat falen, souwéi fir d'Staatsarbechter an d'Chargés de cours am Reliounsunterrecht.

Da soll déi Expärekommisioun, déi sech mat enger allgemenger Gehälterreform beschäftegt um Niveau vum Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative, reaktivéiert ginn. Dobäi solle Kritäre berücksichtegt ginn, wat déi traditionell Klassifikatioun vun de Fonctionneuren ubelaangt, mä och soll versicht ginn der Suerg ëm eng Harmoniséierung tëschent dem Secteur Stat an deene verschiddene Branchen aus dem verlängerten öffentlechen Secteur, wéi dem konventionéierte Secteur, Rechnung ze droen.

D'Regierung verpflichtet sech des Weiteren an dësem Accord ze ënnersichen, wat fir eventuell Konsequenzen d'Resultater vum Rentendéisch kéinte fir de Regime vum Pensiounsiwwergank am öffentlechen Déngscht mat sech bréngen.

Am Accord ass virgesinn, datt d'Gesetz iwwert d'Reform vum Statsbeamtestatut nach hätt sollte virun der Summerpaus gestëmmt ginn. Dat war awer aus enger Rei vun Ursaachen net méiglech an d'Kolleginnen an d'Kollegen aus der Kommissioun wëssen, dass mer eis schonn intensiv mat dësem Gesetzesprojet beschäftegt hunn. Mir haten net manner wéi aacht Sitzungen, wou mer schonn eng genueg Lecture gemaach hunn, mä well ebe mat Sécherheet wäert een oder deen aneren Amendement nach virgeluegt ginn, a well awer och bis zu dësem Zäitpunkt den Avis vum Conseil d'Etat nach net virgeluegt gi war, war et eis natierlech net méiglech bis zu dësem Zäitpunkt dëse wichteg Gesetzesprojet ze stëmmen. Mä ech ginn awer dovun aus, wann d'Arbechten an dësem Rhythmus weiderginn, datt mer awer spëtstens ufanks d'nächst Joer op dëser Plaz dee Projet wäerte stëmmen.

Eng interessant Neierung bréngt den Accord mat sech, andeems et elo méiglech gëtt, datt e pensionéierte Fonctionnaire nach bis 68 Joer schaffe ka goen. Wat allerdéngs wichteg ass hei ze bemerken, dat ass, datt säi Gehalt inklusiv natierlech d'Pensioun net méi wéi 10% iwwert sengem leschte Gehalt aus senger aktiver Zäit leien däerf. Dës Mesure ass virun allem virgesi weinst der Pénurie vu qualifizéierte Leit an de Verwaltungen an dem Enseignement.

Si soll duerch en Amendement am Gesetz vun der Reform iwwert de Statsbeamtestatut ëmgesat ginn. Och solle sech dann, laut dem Accord salarial hei, Gedanken gemaach ginn iwwert d'Schichtarbecht, andeems de Fonctionnement vun de Services an déi familiär, souwéi sozial Uspréich vun de Beamte berücksichtegt ginn.

Den aachte Punkt vun dësem Accord hält da fest, datt een Inventar iwwert d'Applikatioun vun der gleitender Arbeitszäit gemaach gëtt, an dat am Kader vum grouss-

herzogleche Reglement vum 13. Abrëll 1984. Op Basis vun den Experienzen, déi elo an de verschiddene Verwaltung gemaach goufe souwéi vun de Propositione vum Personal, sollen dann déi Upassunge virgeholl ginn.

Wat elo d'Personal an den Etablissements publics ubelaangt, esou garantéieren déi spezifesch Gesetzer an déi, déi nach gestëmmt solle ginn, dass dëst Personal de Regime vum öffentleche Statut bäibehält. Dat aus Grënn vun der Harmonisation, der Transparenz an der Equitéit. Hei ginn iwwregens Recommandatiounen vum Institut européen d'administration publique vu Maas-tricht iwwerholl.

Schlussendlech kréien awer och d'Vertrieder vum Personal dann eng Dispens vun hirer Aarbecht fir kënnen hirer Missioun nozegoen. Och hei ginn déi genee Kritären nach ausgeschafft.

All dës Mesurë gëlle selbstverständlech och fir d'Employéë beim Stat, d'Stagiairen an déi Fräiwëlleg aus der Arméi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ze bemierken ass awer och nach, datt den Impakt op d'öffentlech Finanzen de Folgenden ass: Am Budgetsjoer 2002 mécht dat 17.777.000 Euro aus. Fir d'Joer 2003 36.270.000 Euro a fir d'Joer 2004 56.988.000 Euro. Dat mécht u sech dann en Total vun 111.035.000 Euro.

Beträff sinn direkt vun dësem Accord salarial 16.000 Fonctionnaires an Employéen, indirekt sinn et der awer - bedéngt eben duerch d'Assimilatioun an och sektoriell Négociatiounen - ongeféier 2.300 Staatsarbechter an 21.000 Leit aus dem assimiléierte Secteur, dorënner natierlech och d'Gemeengebeamten.

Ech wëll awer hei ënnersträichen, datt ënnert deem Accord salarial hei och, besonnesch wat de Punktwäert ubelaangt, 60 Deputéierte falen, soudatt ech dovun ausginn, datt keen hei géint déi Verbesserung stëmme wäert.

(Interruptions)

Dat maachen, wéi gesot, insgesamt am Ganzen 41.000 Leit, déi elo an de Genoss vun dëse Verbesserung kommen. Et kann een u sech global feststellen, dass dësen Accord eng gutt Mëschung tëschent deene finanzielle Kapassitéit vum Stat an deene legitimen Uspréich vum Personal ass. E wäert also ouni Zweifel dozou bäidroen, datt d'Vertrauen tëschent deene politesche Responsablen an deene ville Leit, déi am Statsapparat souwéi an den assimiléierte Secteuren schaffen, gefestegt gëtt.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Duerfir géif ech lech bieden, dësem Accord salarial zoustëmmen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Fred Sunnen agedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Fred Sunnen (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmme haut de Gehälteraccord, deem an der Fonction publique fir d'Joren 2002, 2003 an 2004 gëlle wäert. En huet fir manner Opreegung gesuergt wéi dee leschten an en ass manner wéi dee leschten duerfir benotzt ginn, fir iwwer Atmosphären, Stiler an Émgangsformen ze debattéieren. Dat ass gutt esou. Ech wollt dat ganz am Ufank vu menger Interventioun esou soen.

Et sinn zu dësem Accord haaptsächlech zwou Saachen ze bemierken. Déi éischt betrëfft de Volume, also den eigentlechen Inhalt dovun, déi zweet huet méi mat senger Lafdauer ze dinn.

Den Accord salarial, iwwert dee mer elo diskutéieren, gesäit am Wesentleche vir, datt iwwer dräi Joer de Punktwäert, an domat d'Gehälter, an der Fonction publique ëm 4,8% klammen. Dat geschitt gläichméisseg iwwert d'Lafzäit vum Accord mat 1,6% am Joer. Dës Opbesserung vun de Gehälter am öffentlechen Déngscht ass verstänneg. Et ass am Kontext vum aktuellen Accord salarial vill vu Verantwortung geschwat ginn. De Begrëff vun der responsabler Verhandlung an dem responsable Verhandlungseresultat kann hei roueg benotzt ginn, en ass duerchaus ubruecht.

Accords salariaux an der Fonction publique müssen ëmmer am Kontext vun der finanzieller Lag vum Stat gesi ginn, well et ass hien, deem d'Gehälter vu senge Beamte bezilt an dee se finanzéiere muss kënnen. Esou Ofkomme müssen och an de Kader vun der wirtschaftlecher Dynamik an eise Land gestallt ginn. Dat war iwwregens nach ëmmer esou, och scho virun zéng a méi Joren. Ech wëll nämlech drop hiweisen - a virun zwee Joer huet mäi Fraktiounskolleeg, de Lucien Weiler, dat och scho gemaach -, datt d'Accords salariaux net eréischt 2000 erfonnt goufen. Alles, wat zum Émfeld, zu de Rahmenbedingungen an zu de Voraussetzungen vun engem Gehälterofkomme an der Fonction publique gesot gëtt, ass net eréischt zënter zwee oder dräi Joer, mä zënter ëmmer, wouer.

Wann et dem Stat gutt geet, wann en iwwer ausreechend finanziell Ressourcë verfügt, da kann e sech eng gewësse Generosität géigeniwwer vu senge Beamte leeschten an erlaben. Wann dat net esou ass, da gesinn d'Gehälteraccorden och aneschtens aus. Dat hu mer zum Beispill Mëtt der 80er Jore gesinn, wéi eng Period vu gréisserer Zréckhaltung an der Besoldung vun de Statsbeamten opgrond vun enger wirtschaftlecher Flaute op en Enn gaangen ass an en Accord, dee 4% Augmentatioun iwwer zwee Joer virgesinn huet, konnt applizéiert ginn. Vun deem Moment un hu sech all nofolgend Accorden op engem méi héijen Augmentatiounsniveau ugesidelt, well dat gesamtwirtschaftlech gekuckt och vertriebar war.

An deene leschte Joren hu mer en aussergewöhnlech héije Wuesstum kannt, mä ob dat éiweg esou weidergeet, wësse mer net. Et kann duerchaus sinn, datt eis Wirtschaft méi gemäleg weider wisst, mat alle Konsequenzen, déi esou en Zoustand no sech zitt. Et ass awer elo fir dee virleienden Accord en héije Wirtschaftswuesstum, deen zu Grond geluegt gouf. D'Abettung vun de Beamtegehälter an de Kontext vun der wirtschaftlecher Leeschtungsfaegkeet vum Land an där doraus resultéierender Leeschtungsfaegkeet vum Stat ass onverzichtbar: Ee Véirel vum Statsbudget besteet op der Dépensesäit aus Beamtegehälter, also muss de Budget insgesamt voluminéis genuch sinn, fir datt de Stat sech Ofschlëss vu Gehälteraccorden op héijem Niveau erlabe kann.

Mir haten tëschent dem Enn vun den 90er Joren an haut en ausseruerdentlech héije wirtschaftleche Wuesstum, deen et dem Stat erlaabt huet, schonn 2000 an elo nees eng Kéier, d'Statsbeamten deelhueven ze loosse um Produktivitéitswuesstum vun eisem Land. Am Kontext vun deene rezente Wuesstumszuelen ass deen Accord, deen elo virläit, e korrekten Ofschluss.

Här President, de Gehälteraccord, dee mer hei stëmmen, beinhalt eng Dispositioun, déi beseet, datt bei enger spierbarer an dauerhafter Besserung vun de wirtschaftleche Rahmenbedingunge während senger Lafzäit och eng Noverhandlung vum Accord méiglech ass. Dës Dispositioun ass engersäits eng Konsequenz aus der Tatsaach, datt den Accord ee Joer méi Lafdauer huet wéi dat üblech ass, an anerersäits eng weider Konsekration vum Prinzip vun enger Lounpolitik, déi de wirtschaftleche Kontext am öffentlichen Déngscht berücksichtegt. Dëse Prinzip ass iwwregens schonn am Koalitiounsaccord - wéi de Rapporteur et scho gesot huet - zréckbehale ginn, wou och dra steet, datt eng weider Referenz d'Evolution vun de Gehälter am Privatsektor wier.

Et geet ee jo dovun aus, datt bei enger globaler Verbesserung vun eiser wirtschaftlecher Situatioun och eng Evolution vun de Paien no uewe géif stattfannen. Déi zwou Referenze sinn also enk matenee verbonnen a bezechnen eigentlech datselwecht: d'Onméiglechkeet vun enger staatlecher Lounpolitik, déi fundamental anescht wier wéi déi am Privatsektor.

Et ass evident, datt mer de Moment net méi an enger Boomlogik an der Economie sinn. D'Wuesstumszuele vum leschten a vun dësem Joer soen dat kloer an däitlech aus, d'Zuele vun de Failliten eigentlech och. Mir leie fir d'lescht Joer a fir dëst Joer ënner 4% Wuesstum. Am Boomjoer 2000 waren et nach 8,5%. Am Privatsektor gëtt zurzäit virsiichteg verhandelt, well de Verhandlungskontext dacks e kriddechen ass.

Obschonn d'Eckwäerter vum Budget 2003 eréischt méi spët erauskommen, muss een awer soen, datt den Accord, dee mer haut stëmmen sollen, kompatibel mat dem wahrscheinleche Klamme vum Budget 2003 ass.

Här President, déi zweet wichteg Saach, déi an dësem Accord gesot gi muss, ass, dass en och korrekt, am eigentleche Sënn vum Wuert, opgrond vu senger Lafzäit ass.

D'Wahljoer 2004 ass nach an der Lafzäit vum Accord abegraff. Ech wëll hei soen, datt ech selwer a meng Fraktioun et der representativer Gewerkschaft am öffentlichen Déngscht héich urrechnen, datt si drop verzicht huet, aus dem Wahljoer 2004 ee Joer ze maachen an deem en héijen Drock, duerch Gehälterverhandlungen an der Fonction publique, entstoe kann.

Eigentlech ginn d'Gehälteraccorden am öffentlichen Déngscht jo op zwee Joer ofgeschloss. Wann dat an dësem Fall esou wier, géif den Accord Enn 2003 auslafen a misst nei verhandelt ginn. Mir begreifen also absolut, datt hei net versicht ginn ass, den nächste Gehälteraccord zu engem akute Wahlkampfthema ze maachen. Dat soll een och net maachen.

Opgrond vun deem, wat ech virdru gesot hunn iwwert den ekonomesche Kontext vun enger Gehältererhéijung am öffentlichen Déngscht, mengen ech, datt et all Mënsch misst kloer sinn, datt nom bekannte Lëtzebuerger Verhandlungsmodell ëmmer dann, wann d'Situatioun et erlaabt, zefriddestellend Accorde fir déi Beschäftegt fonnt ginn. Wann d'Situatioun et awer net erlaabt - well mer vun de Sue vum Stat schwätzen -, da kann et och emol virkommen, datt déi Betraffe vun engem Accord net terribel begeeschtert sinn. An engem Betrib, deem et net esou gutt geet, ass dat iwwregens net anescht. Kee Mënsch freet sech driwwer, dass en net regelméisseg substanzuell Gehaltserhéijunge kritt.

Mä grad den öffentlichen Déngscht ass hei an enger spezieller Lag. Wéi de Generalsekretär vun der CGFP et dacks zu Recht seet, hunn d'Statsbeamten eng Relatioun zum Stat, déi net nëmmen déi vun engem Loun ofhängegen ass. D'Statsbeamte sinn d'Träger vum Stat. Hinnen ass u sengem Wuelbefannen an u senger Leeschtungsfaegkeet och objektiv geleeën. Duerfir soll vun der Säit vun de Beamten ëmmer dann, wann d'Wuel vum Statswiesem um Spill steet, Versteedemes fir dem Stat säin Interesse opbruecht ginn, och, wann dat beedeit, datt eng Kéier erëm Gehälteraccorden ofgeschloss géife ginn, déi net all hir Erwaardungen erfëllen.

Wéi gesot, d'CGFP huet bei dësem Accord, mat där vun hir bekannt verantwortungsbewosster Manéier, drop verzicht, sech d'Méiglechkeet vun der staatlecher Lounpolitik als Wahlkampfthema opzehalen, an duerfir verdéngt se eis Unerkennung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, alles an allem ass den Accord, dee mer elo diskutieren, e gudden Accord. E berücksichtegt déi wirtschaftlech Gesamtsituatioun vum Land an e gouf vu kenger Säit op falsch Manéier instrumentaliséiert. E gouf souwuel vun der Regierung wéi och vun der CGFP als en zefriddestellen-

den Accord beschriwwen, wat jo beleet, datt de Patron Stat mat de Verrieder vu senge Beschäftegten eens ginn ass. Well dat esou ass, soll d'Chamber sech der Eenegkeet uschlëssen an dëse Projet guttheeschen. Meng Fraktioun wäert e selbstverständlech stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass de Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur fir säi Rapport félicitéieren, mä ech kann him awer net fir seng Bemierkung félicitéieren, dass d'Chamber deen heiten Accord scho bal misst stëmmen, well mir um Punkt wäert hänken. Ech kann lech jiddefalls versécheren, dass d'LSAP deen doten Accord net dowéinst wäert stëmmen, mä well mer der Meenung sinn, dass d'Fonctionnaires, d'Beamten, d'Aarbechter beim Stat, de Gemengen, an aus den assimiléierte Secteuren e Recht hunn, un där allgemenger gudder wirtschaftlecher Lag, während der Period, op déi sech den Accord berëfft, ze partizipéieren.

Et ass en Accord, dee vum quantitative Standpunkt an der Rei ass. Et kann ee sécher net soen, dass d'CGFP schlecht verhandelt hätt.

Ier ech inhaltlech op den Accord aginn, e puer Feststellungen zur Form. Ech mengen, et gëtt dem Image vun Dialog an Transparenz net gerecht, wann ee Verhandlungen esou ofschléisst, wéi se dës Kéier ofgeschloss gi sinn. Ech wëll net vun der Informatioun un d'Chamberskommissioun schwätzen, déi spéit komm ass, mä ëmmerhi komm ass. Ech gestinn dat ganz gär an, dass dat virdrun net de Fall war, an ech wäerten dat als Fortschrëtt.

Mä als Réckschrëtt wäerten ech awer den Émgang mat deene Gewerkschaften, déi net bei de Verhandlungen dobäi gewiescht sinn. Ech mengen, et weess jiddereen, wat d'Attitude vun dëser Regierung bei de Verhandlungen war. Et gëtt verhandelt mat där bei Wäitem stäerkste Gewerkschaft aus dem Secteur, mä wa bis elo weinstens déi aner Gewerkschaften gehéiert gi sinn, weinstens consultéiert gi sinn, si se dës Kéier carrément virun de Fait accompli gestallt ginn. Net emol hire Fuerderungskatalog ass entgéintgeholl ginn. D'Verhandlungen sinn ofgeschloss ginn, et ass ënnerschriwwen ginn, an duerno si se informéiert ginn.

Här Statssekretär, wann een et esou mécht...

M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.- Här Di Bartolomeo, ass dat dann am Privatsecteur anescht?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wann een dat esou mécht, Här Statssekretär, da soll ee carrément soen, dass een un der Meenung vun deenen aneren net interes-

séiert ass, an net esou maachen, wéi wann et een nach géif interesséieren. Dat wier weinstens méi éierlech, an et wier net d'Consultatiounen zur Farce degradéiert.

E Minimum wär gewiescht, wann dat wat mer an der Vergaangenheet schonn haten am Émgang mat deenen anere Gewerkschaften gemaach hätten. Et wier e Geste vun elementarer Héiflechkeet gewiescht, wann een dat virdru gemaach hätt.

Zweet Element, wat d'Form ugeet: Bis elo huet d'Regierung d'Verhandlungen mat der CGFP ëmmer opgrond vun enger Etude comparative gemaach, iwwert d'Evolution vun den Akommissen am Privatsecteur an am öffentleche Secteur. Dës Kéier ass déi doten Etüd net gemaach ginn. D'Regierung huet gesot: Dat bréngt et net esou richtig, well d'Parametere souwiesou contestéiert ginn, da maache mer se net.

Mä wann een am Projet de loi nokuckt an et kuckt een am Rapport no, da liest een, dass d'Regierung sech awer op eng ganz Rei vu komparativen Etüde beruff huet, sektorieller Natur, och wat d'Evolution am konventionéierte Secteur ugeet. Am Géigesaz zu fréier huet d'Kommissioun, d'Chamber, dës Kéier déi doten Elementer net matgedeelt kritt, soudass mer net wëssen, op wat sech d'Regierung genee beruff huet.

Ech ginn d'Impressioun net lass, dass d'Regierung dës Kéier déi Etude comparative net gemaach huet, well se gefaart huet, dass d'Referenzperiod, op déi se sech hätt misse beruffen, ze vill gutt gewiescht wär, an dass se dann en Ofschluss hätt misse maachen, deen nach méi héich gewiescht wär wéi deen elo. Ech fäerten, dass dat d'Ursach ass.

Ech géif gäre vum Statssekretär wëssen, wat dann elo genee déi Parametere waren op déi d'Regierung sech beruff huet, a wat fir Konklusiounen se doraus gezunn huet, well ech hu mat Erstaune festgestallt, dass dës Kéier d'Explikatiounen iwwer eis national, europäesch a Weltwirtschaft am Projet ganz wäit étofféiert waren, mä awer ganz weening Detailler iwwert déi Parametere, da waren, op déi mer eis beruff hunn an der Vergaangenheet.

Ier ech op den Inhalt vum jëtzege Accord salarial aginn, wëll ech e ganz kleng Réckbléck op dee virechten Accord salarial maachen, wou mer niewent der Opwäertung vun dem Punktwäert eng Rei Mossnamen hei mat gestëmmt hunn, déi d'Regierung als revolutionär dergestallt huet. Ech muss allerdéngs soen, dass ech zwee Joer no deem Accord salarial nach ëmmer op déi revolutionär Mossname waarden, well se nach ëmmer net a Kraaft sinn. Ech wäert herno mat Zitater déngen zu deene Punkten, déi ech uschwätzen.

Éischtens emol: D'Deelzäitaarbecht hu mer am leschten Accord salarial gestëmmt. Si ass nach net do a si riskéiert nach esou bal net ze kommen. Dann de progressive Pensiounsalter ab 55 hu mer als revolutionär, nei Mooss-

nam duergestallt, de flexiblen Antrëtt an d'Pensioun beim öffentleche Secteur - ech ka mech net erënneren, dass schonn een dovü profitéiert huet. D'Méiglechkeet, bis 68 Joer schaffen ze goen, ass net eréischt an dësem Accord salarial erwähnt ginn, mä ass schonn am virechten Accord salarial erwähnt ginn; allerdéngs an enger anerer Variant. Elo kënnst eng weider Variant dobäi.

Wann de Statssekretär wëllt, dann zitieren ech en dann. Ech ginn him seng Ausso vu virun zwee Joer iwwert déi Revolutioun, an déi mer eragoe géifen. De Statssekretär huet wiertlech gesot: "Duerfir froen ech mech, ob eigentlech jiddferree sech bewusst ass, datt déi Neierung vu 25, 50 oder 75% Service à temps partiel, déi mer elo aféieren, mat enger klenger Revolutioun an eise Beamtestatut gläichstellen ass." Dat huet e gesot an en huet och gesot, dass de flexible Pensiounsalter mat 55 an déiselwecht Richtung geet. En huet dann am Géigesaz zum Conseil d'Etat, deen déi dote Moossnamen aus dem Accord salarial eraus wollt huelen, gesot: "D'Regierung huet sech duerchgesat, d'Regierung huet gesot, iwwert dat heite Gesetz vum Accord salarial vu virun zwee Joer transposeiere mir d'Deelzäitaarbecht an de Statut vun der Fonction publique." Dat huet e gesot, ech kann d'Zitat och nach eng Kéier bréngen.

Duerfir wonneren ech mech, Här Statssekretär, dass mer, nodeem mer et iwwer Gesetz an de Statut vum Beamte vun der Fonction publique abruecht hunn, elo driwwer diskutieren, wéi mer et an de Statut vum Fonctionnaire erabréngen sollen. War et net a Kraaft? War dat dote keng Transpositioun an de Statut vum Fonctionnaire? Firwat ass dee Règlement grand-ducal, deen ugekënnegt war, net geholl ginn? Wa mer et dann elo iwwert de Statut an de Statut bréngen, mussen mer dann net awer nach e Règlement grand-ducal maachen? A wat hu mer dann eigentlech an deem doten Domän an deene leschten zwee Joer gemaach?

Ech kann lech soen...

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*. - Dir sidd net oft genuch an de Kommissiounen vun der Fonction publique, well do...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Oh dach!

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*. - Well do hu mer jo all déi Saache behandelt. Ech kommen herno nach dorobber zrëck.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Oh, dach! Ech hunn heibannen, Här Statssekretär,...

Une voix. - Dat do war e schlagfäerdeg Argument!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Esou bëlleeg kommt Der aus dem heiten Text net eraus.

(Interruptions)

Ech ginn lech d'Zitater an ech hunn heibanne Leit setzen, ënnert deenen hire wachsame Oueren ech dat heite soen.

Entweder mir hunn et an de Statut bruecht virun zwee Joer, oder mir hunn et net dra bruecht.

Sot mir, Här Statssekretär, wa mer et elo am Statut dran hunn, mussen mer dann nach e Règlement d'exécution maachen, oder mussen mer kee méi maachen?

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*. - Et ass ganz einfach. Mir hunn e Projet de loi op den Instanzewee ginn, de Projet de loi iwwert Modifikatioun vum Statut. Deen ass an der Diskussioun gewiescht an der Kommissioun vun der Fonction publique. E läit och virum Conseil d'Etat, mä en ass bis elo nach net an der Chamber votéiert ginn. Dat ass dat eent.

Dat zweet ass déi Mesure, déi elo nach vun deenen 68 Joer hei dran ass. Déi Mesure huele mer iwwer Amendement zu dem Statut, deen nach an der Voie législative dran ass. Sou einfach ass dat.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här Statssekretär, ech hunn net dovü geschwat. Ech zitieren lech dann nach eng Kéier komplett, fir dass mer eis richtig verstinn.

Dir hutt virun zwee Joer wuertwärtlech gesot: "D'Regierung ass awer net gewëllt, mat op de Wee vum Conseil d'Etat ze goen. Fir de Prinzip vum Service à temps partiel iwwert de Wee vun dësem Gesetzestext an de Statut anzuschreiw, war e kloert Zeechen, dat d'Regierung hei wollt setzen."

Ech wëll lech just soen, Här Statssekretär: Dat Zeechen war alles anescht wéi kloer, well zwee Joer no deem klore Zeechen huet nach kee Fonctionnaire vun där doter revolutionärer Moossnam konnte profitieren. Ech géif lech bieden, e bëssen Uerdnung an deen Tirang eranzebréngen, fir dass d'Leit endlech wëssen, wéini dann déi versprochen, ofgemaachten, vum Parlament gestëmmte Moossnam a Kraaft trëtt.

Mä, tréischt lech, hei ass net deen eenzege Punkt, wou mer lech wëllen nowiesen, dass et mat Ukënnegungspolitik hei am Land leider net duergeet.

Une voix. - Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - A propos Statut. Ech kann lech soen, mir hunn eng Aufgabendeelung. Dir gesidd, ech hu mech op den Accord salarial konzentréiert, an de Jempi Klein, wäert sech mat darselwechter Akribie op de Statut konzentréieren.

Une voix. - Dat wäert lech nach Leed doen!

(Interruptions diverses)

A propos Statut. Den Här Graas war och deemools Rapporteur hei zu deem leschten Accord. En huet gesot, de Statut kënnt Enn 2000.

Am Accord salarial, Här Statssekretär, iwwert dee mer haut schwätzen, steet nach dran als Partie intégrante vum Accord salarial: De Statut kënnt nach virun der Vakanz.

E kënnt net.

Elo sot Der, Här Statssekretär: Mir kënnen en net bréngen, well den Avis vum Statsrot nach net do ass. Abee, wann dat doten d'Argumentatioun ass, da froen ech mech wierklech, wat d'Duerchschlagskraaft vun de liberale Ministeren an dëser Regierung vis-à-vis vum Conseil d'Etat ass.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Lauschtert gutt no!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wann de Regierungschef, wann de Wunnungsbauminister et fäerdeg bréngen, hiren Avis vum Conseil d'Etat innerhalb vu véierzéng Deeg ze kréien, wann de Projet mol nach net deponéiert ass, an de Conseil d'Etat fänkt schonn un ze aviséieren,...

(Hilarité)

...da froen ech mech, Här Statssekretär, wéi et méiglech ass, dass Dir no dräi Joer oder no 2 1/2 Joer nach keen Avis vum Conseil d'Etat hutt.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech géif mer da selwer Froen iwwer meng Duerchschlagskraaft stellen.

(Interruptions)

Sou bëlleg kommt Der alt erëm eng Kéier net dovun. Ech hat wëlles, mat der Opzielung opzehalen. Mä well Der insistéiert, fueren ech mat der Opzielung weider.

Wéi steet et mam Einstieg an de flexible Pensiounsalter? Wéi steet et mat der Méiglechkeet, fir bis 68 Joer schafffen ze goen am Fonctionnairesstatut?

Iwwerhaupt hunn ech ganz staark d'Impressioun, datt den Här Statssekretär an d'Mme Minister, déi mat vill Virschusslorbeeren an de Ministère vum der Fonction publique agezu waren, an der Tëschenzäit e Platte kritt hunn.

(Interruptions)

Ëm Ukënnegunge vun neie Moossnamen an Ukënnegunge vun neien Offensive ware se ni verleeën, mä an der Praxis geschitt näischt, wann ee vun de Punktwäertupassungen ofgesäit.

An, Här Statssekretär, ech gi wierklech d'Impressioun net lass, dass Dir et zwar fäerdeg bréngt, wa vill Geld an

de Statskeesen ass, fir dat Geld ze verdeelen, mä dass Der net fäeg sidd, wann Décisiounen ze treffe sinn, wann heiansdo den Arbiter ze spillen ass, déi Arbitragen ze huelen.

An da kommen ech op ee vun deenen Haaptpunkten aus dem Regierungsprogramm zrëck, wou Der ugekënnegt hutt, dass Der eng global Gehälterrevisioun géift maachen. Och erëm hei - well d'Zitater jo eben dat sinn, wat se sinn - soll ee sech un dat erënnere kënnen, wat een emol eng Kéier gesot huet. Am Regierungsprogramm steet, dass d'Regierung direkt alles maache géif, fir eng global Gehälterrevisioun an eng ganz Rei vun neie Prinzipien an de Statut, an d'Gehälterstruktur vun de Fonctionnaires anzubauen, déi méi der Leeschtung géife Rechnung droen, fir Unerkennung ze bréngen, wann ee sech wierklech bereet erkläert vill Verantwortung an Aarbecht ze iwwerhuelen.

An och do soen ech: De Statssekretär hat gutt ugesat, well direkt an deenen éischte sechs Méint huet e 67 verschidden Associatiounen ëmfaangen. Dat war remarquabel, mä duerno...

(Interruptions)

Erëm eng Kéier, Här Statssekretär - d'Mme Minister ass net do -, erëm eng Kéier e Platten. D'Voiture de réserve, de Reservelo, ass net mat Zäit erbäikomm.

Dir hutt e puer Mol ugekënnegt, dass d'Konklusioone vun engem Aarbechtsgrupp imminent wären. Mä vun Imminence zu Imminence ass näischt geschitt. D'Regierung ass stieche bliwwen an huet misse vun der CGFP elo beim Accord salarial erëm eng Kéier un hir Engagementer erënnert ginn. Duerfir war ech och ganz frou iwwert déi Bemierkung, déi am Rapport vum Gusty Graas erëmfanne war. Do steet ze liesen: "La Commission salue l'initiative du Gouvernement de réactiver la Commission spéciale d'experts chargée d'analyser la structure des rémunérations des agents de l'Etat."

Fir eppes ze reaktivéieren, Här Statssekretär, muss jo virdrun eppes désaktivéiert gi sinn.

(Interruptions)

Och erëm eng Kéier do, Här Statssekretär, ass dat e bësse bëlleg. Wa mir sollte...

(Interruption)

...Feeler vis-à-vis vun der Fonction publique gemaach hunn, dann hu mer de Präis missen duerfir bezuelen, deen ze bezuele war. Mir hunn en an der Zwëschenzäit bezuelt a mir hunn eis Lektioonen doraus gezunn.

(Interruption)

Mä ech muss lech awer soen, Här Statssekretär,...

(Interruption)

...dass dat doten eng Experienz ass, déi lech nach be-
virsteet, a méi séier wéi et lech léif ass, well Ukën-
negungspolitik ass eppes Schéines, jiddefalls wann een
et ukënnegt, mä wann ee bis kontrolléiert gëtt, da kënnt
der Fluch der bösen Tat.

(Interruption)

Ech géif gär vun lech wëssen, Här Statssekretär...

(Interruption)

Dir kritt jo herno d'Tribün, a wann Dir mech ënner-
briecht, dann hunn ech kee Problem domadder, ech
hunn näischt léiwer wéi dat.

(Interruptions)

Ma voilà! Merci, Här Lux, et ass genee dat, wat ech wollt
maachen, well den Här Statssekretär ass dat elo an der
Zwëschenzäit an deene leschten dräi Joer schonn dräi-
mol a Question-parlementaire gefrot ginn, wéini dann
déi Gehälterrevisioun endlech géif kommen. En huet ni
drop geäntwert, en huet ëmmer gesot, den Zwësche-
rapport ass imminent.

Mä hutt Der schonn eng Kéier um Kalenner nogekuckt,
Här Statssekretär, wat fir e Joer mer sinn? Mir si Mëtt
2002 an an annerhalwem Joer sidd Der matzen an de
Wahlpréparativen, an da wënschen ech lech bonne
chance, wann Der an deem Klima nach wëllt Arbiter spil-
len. Dir bréngt et net fäerdeg an deem Klima Arbiter ze
spillen, da bréngt Der et och net fäerdeg, wann d'Klima
e bësse méi kriddelech gëtt.

Nach eng Kéier: Wéini kënnt déi Reform vun de Ge-
hälter?

(Interruption)

Sot mer da vläicht och hannendrun, wéini deen anere
Cheval de bataille endlech galoppéiert, dee vun der Ré-
forme administrative.

(Interruption)

Dir sot eis ëmmer, hei maache mer e klengen Audit an
do maache mer e klengen Audit, an dann héiere mer
näischt méi. Sot eis wann ech glift, Här Statssekretär,
wou déi ominös, gutt preparéiert - an ech schwätzen hei
erëm eng Kéier ënnert der Kontroll vun engem, deen et
misst wëssen -, Réforme administrative bleift?

(Interruption)

Här Statssekretär, sot eis wann ech glift, wou se drun
ass, oder hutt Der och do erëm eng Kéier e Platte kritt?
Ech mengen, Dir kënnt lech d'Äntwert alleguer dorop
ginn.

(Interruption)

Da war versprach ginn - mä et war virdrun net gekuckt
ginn, ob et méiglech ass - e Régime de pension com-

plémentaire ze schafe fir déi Beamten, déi no 1998 beim
Stat agetruede sinn. Et war versprach ginn, mir maachen
dat, mir setzen Expären an. Dann huet jidderee ge-
mengt, aus där Expertise kënnt eppes eraus. Elo hu mer
eng Äntwert kritt vum Statssekretär, deen eis seet, mir
hunn d'Donnéeë guer net, fir esou eng Etüd ze maa-
chen, a musse waarde bis 2003, ier d'IGSS eis iwwer-
haupt déi doten Donnéeë ka liwweren.

Här Statssekretär, firwat kuckt een net fir d'éischt, ob
esou eppes dran ass, wéini esou eppes dran ass, ier een
et an engem Accord salarial, dee vun der Chamber ge-
stëmmt gëtt, verspricht?

Ech kéint mat där doter Lëscht nach beliebeg weider-
fueren.

(Interruptions)

Ech kommen allerdéngs zur Konklusioun bei deem
Punkt, Här Statssekretär - an Dir gitt et wann ech glift un
d'Mme Minister weider -, dass et mat Ukënnungen
eleng net gedoen ass, well Dir vergiesst, dass hannen-
dru professionell Gewerkschaftler an och Parlamentarier
sëtzen, déi dat kontrolléieren, wat Der ukënnegt. An ier-
gendeng Kéier musst Der de Bilan maachen. Zouge-
gebenerweis konnt Dir bis elo Geld verdeelen, dat kritt
Der wahrscheinlech och unerkannt, mä d'Fonction pu-
blique fonctionnéiert net nëmmen als Geldautomat,
wou een uewen eppes eragehät an da Stëmmen ënnen
erauskritt. D'Fonction publique ass méi eppes Kom-
plexes, gleeft mer et! Dir misst et selwer am beschte
wëssen.

Da just e puer Bemierkungen zum Accord salarial selwer.

(Interruption)

Dat do ass Partie intégrante vum Accord salarial, well et
ugekënnegt Regierungspolitik war, well et Bestanddeel
vum leschten Accord salarial war, deen a groussen, revo-
lutionären Deeler, wéi de Statssekretär selwer gesot
huet, nach net applizéiert ass, a Retombéeën op deen
heiten huet.

Wat d'Punktwäertupassung ugeet, géif ech mengen,
dass se ugemiss ass, dass d'Lat fir de Privatsektor ge-
sat ass, an dass mer eis alleguer kee schlecht Gewësse
vum Wirtschaftsminister Grethen brauche maachen ze
loossen, wa mer d'Salariéen, déi aus dem privaten an déi
aus dem öffentleche Sektor, um Wuelstand vun eisem
Land partizipéiere loossen.

Ech fannen et och vernünfteg, dass mer den Accord
salarial op dräi Joer maachen.

Dann awer nach e puer Froen, déi mir eis stellen, well
mer nach keng definitiv Äntwerte kritt hunn. Vlächst si
se och nach net méiglech. An engem Paragraph vum
Accord salarial gëtt ugekënnegt, dass déi strukturell
Moosname bei de private Pensiounsregimer Retom-

béeë solle beim Iwwergangsregime an och beim neie Regime kréien. Wat sinn déi Moossnamen, déi Retombéeë kréien, beim öffentleche Secteur?

De fënnefte Punkt brauch ech net méi ze erwähnen, et ass deen, wéini dass de Statut gestëmmt gëtt.

Da géif ech ganz gär wëssen, wat genee d'Differenz ass vun der Formule Pensioun mat 68 an där neier Formule 65 bis 68, wou ee pensionéiert ass - a wat fir engem Statut, am Indépendantsstatut oder a wat fir engem Statut? -, wou een déi 10% iwwer säi lescht Gehalt nach kann zousätzlech un Akommes hunn. Ech wär ganz frou, wann de Statssekretär eis d'Differenz tëschent deene verschiddene Formulë géif erklären. Ech mengen, mir sinn absolut bereet, iwwer flexibel Pensiounsvarianten ze schwätzen. Ech muss lech allerdéngs soen, dass mir Problemer hunn, dass een einfach seet dass, well mer net genuch Leit rekrutéieren, mer duerfir de Pensiounsalter musse verlängeren. Ech géif als Alternativ virschloen, dass mer solle rekrutéieren, wou mer kënnen, an zwar mat Zäit rekrutéieren.

A virun allem, Här Statssekretär - dat ass e frëndschafleche Rot -, als Fonction publique... Neen, et ass wierklech esou gemengt.

Plusieurs voix.- Oh! Oh!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - ...als Fonction publique en A op d'Privatiséierungsbestriewunge vun e ganze Koup Verwaltungen an dësem Stat halen. Ech kann lech soen, wann Der en opmierksame Bléck duerfir hutt, et sinn der ganz vill, an hei gëtt d'Fonction publique, déi klasesch Fonction publique, och ënnerwandert mat Hëllef vun Administration-publiken. Wann Der wëllt, kann ech lech eng Rei vun Detailer ginn.

Zu deenen anere Punkten ass net vill ze soen, dat si gutt Initiativen, déi een ënnersträiche soll, wou d'Gewerkschaften op reell Problemer higewisen hunn, déi et am alldeegleche Liewen an der Fonction publique gëtt.

Zum Schluss, ech hunn et virdru schonn ugekënnegt: Eis Fraktioun wäert deen heiten Accord salarial stëmmen. Mir hoffen awer,...

(Interruption)

...dass seng Ëmsetzung dës Käier méi zügeg a méi komplett geschitt wéi déi vun deem virechten, a mir hoffen, dass d'Ukënnegungspolitik vun dëser Regierung an insbesondere de Responsablen an der Fonction publique endlech konkret a spierbar Suitë fir d'Fonction publique kritt.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Maggy Nagel agedroen. D'Mme Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an hirem Orientéierungspabeier "Pour une fonction publique moderne" vum 18. Mee 1998 huet d'DP gesot: "Le PD tient à exprimer sa confiance à l'égard des hommes et des femmes qui ont fait fonctionner l'administration luxembourgeoise et qui sont maintenant à la retraite, comme à l'égard de tous ceux et de toutes celles qui travaillent actuellement."

D'DP steet natierlech nach haut zu deem, wat se deemools gesot huet. Et ass an deem Etat d'esprit, wou déi zwee Mandatairen no dem Regierungswiessel hir Aarbecht am Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative ugefaangen hunn.

D'Mme Polfer an den Här Schaack sinn an dee Ministère gaangen an hunn de Leit ze spiere ginn, dass si Vertrauen a si an an hir Aarbecht hunn, an hunn hinnen och gewisen, dass si mat hinnen de Bierger een nach bessere Stat wëllen offréieren.

Här President, en éischte Schratt fir ze weisen, wéi eescht d'Mme Minister an den Här Statssekretär et mengen, war sécherlech en neien Accord salarial, mat der - wéi an der Regierungserklärung vum 12. August 1999 steet - "Représentation syndicale la plus représentative du secteur Etat".

Tatsächlech ass et jo esou, dass säit 1992 tëschent dem Stat an der representativer Gewerkschaft aus dem Statssektor keen Accord salarial méi zustane komm war. No konstruktiven an op géigesäitegem Vertraue baséierende Verhandlungen tëschent der Mme Polfer an dem Här Schaack op där enger Säit, an de Verrieder vun der CGFP op där anerer Säit, ass et den 29. Mee 2000 zu engem neien Accord salarial komm.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics sot deemools dozou an hirem Avis vum 26. Juni 2000: "La Chambre des Fonctionnaires et Employés publics se félicite de ce que, après la période sombre que la fonction publique a vécue depuis 1995, le présent accord salarial renoue avec la tradition en ce qu'il a été conclu d'un commun accord après des discussions qui se sont déroulées dans un climat de travail marqué par la franchise et la compréhension réciproques, fait que les auteurs du projet de loi, qui échappent à la Chambre, passent pudiquement sous silence."

Ech mengen, cela se passe de tout commentaire. Haut stëmme mer no zwee Joer den nächsten Accord salarial, deen de leschten 21. Mäerz ënnerschriwwen ginn ass, an dee mir elo opgrond vun engem excellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport vum Här Graas hei zur Debat stoen hunn.

Ech wëll op dëser Plaz besonnesch ënnersträichen, dass dësen Accord salarial sech gutt an déi aktuell wirtschaftlech Situatioun vum Land integréiert. Och geet dësen Accord salarial net, wéi dat traditionell de Fall ass,

iwwer zwee Joer, mä iwwer dräi Joer. Dat ënnersträicht och dat positivt Vertrauen, op deem d'Verhandlungen tëschent deenen zwou Parteie baséiert hunn.

Här President, d'Vertrauen an eng gerecht Politique salariale stellt fir eis just d'Basis vun deem duer, wat mer an der Fonction publique zesumme mat de Fonctionnaires erreeche wëllen.

D'DP sot an hirem Wahlprogramm vun 1999 Folgendes: "Wir werden den Staatsapparat in Zusammenarbeit mit allen Betroffenen effizienter gestalten. Ein moderner effizienter Staat steht in allererster Linie im Dienst des Bürgers. Wir wollen einen Staat, der zeitgemäß organisierte Verwaltungen gewährleistet. Wir wollen gut ausgebildete und motivierte Beamten, die ihren Dienst im Sinne des Bürgers ausführen." Am Ministère de la Fonction publique gëtt alles dru gesat, fir déi Ziler ze erreechen.

De Beamtestatut, deen um Instanzewee ass, wäert eis Verwaltungen méi effizient gestalten, andeem en der Evolutioun vun der Gesellschaft Rechnung dréit. Ech ernimme just kuerz d'Dealzäitaarbecht oder all déi Mesuren, déi als Zil hunn, den Dialog innerhalb vun der Fonction publique ze verbessern, fir eben nach méi effizient an nach méi motivéiert ze schaffen.

Et ass jo virgesinn, ze kucken, wéi een d'Téléaarbecht an der Fonction publique organiséiere kann. Do derbäi däerfe mer d'Reforme administrative net vergiesse mam Numéro vert vun der Regierung, deen agefouert ginn ass, an deenen Ustrengungen, déi ënnerholl ginn, fir d'Zesummenaarbecht zwëscht deenen eenzelne Verwaltungen ze verbessern. Wann dat elo no baussen net esou eng grouss Incidence huet, esou huet se awer hir Bedeitung, wat déi intern Organisatioun vum Stat ubelaangt.

D'DP sot schonns 1998: "Le PD voudrait souligner fermement par là que tout travail concernant la réforme administrative est un travail qui se caractérise par la continuité, la régularité et la persévérance qui entend agir à l'intérieur des structures existantes au lieu de vouloir les bouleverser de l'extérieur et qu'il est en tout cas illusoire de faire croire que le monde administratif devra être réformé de fond en comble au cours d'une seule période législative."

Wat d'Formatioun vun de Beamten ubelaangt, esou si jo am INAP, am Institut nationale de l'administration publique, déi néideg Dispositiounen geholl ginn a positiv Resultater si scho virzeweisen. Ech kënn elo nach mat X Beispiller virufueren. Gerecht an oppen Accord-salarialen, an deenen d'Iddien an d'Denkustéiss fir eng nach méi effizient Fonction publique festgehalen ginn, stelle fir d'DP ee vun de Grondelamenter duer, fir dat ze realiséieren, wat ech elo ugeschwat hunn, a fir dee Service un eise Bierger nach ze verbessern.

Fir ofzeschlësse wëll ech den Här Christian Chaput zitieren, e franséische Syndicaliste, dee seet: "Fonction publique de carrière ou fonction publique d'emploi? La réponse n'est-elle pas dans une autre formule, non plus d'Etat ou moins d'Etat, mais mieux d'Etat, car, en fait, pour permettre mieux d'Etat, il faut des personnels suffisamment indépendants pour être serviles, suffisamment privilégiés pour être incorruptibles, suffisamment motivés pour être efficaces, suffisamment responsables pour être crédibles et suffisamment considérés pour être fiers d'être au service de leur nation."

Här President, ech ka just feststellen, datt d'Mme Polfer an den Här Schaack um gudden Wee sinn, fir zesumme mat de Fonctionnaires den Objectif ze erreechen, a ginn natierlech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut de Gesetzesprojet virleien, deen ee vun deenen eelef Punkten, déi am Accord salarial vum 21. Mäerz 2002 stinn, ausgehandelt tëschent der CGFP an der Regierung, a gesetzlech Basis ëmsetzt.

Ech wëll vläicht e puer Remarque virausschécken. Engersäits ass et normal, wann ee Verhandlung feiert, datt dann net am Parlament virdru grouss Debatte kënn gefouert ginn an Enveloppé fixéiert ginn, wéi wäit d'Regierung soll goen an awéiwäit d'Parlament géif mat goen, well dat net am Interesse vu Verhandlung wier.

Op där anerer Säit ass et awer normal, dass eng Regierung e Parlament, wat schliesslech den Accord herno soll ëmsetzen, misst informéieren. Hei hu mer festgestallt, datt déi zoustänneg Kommissioun just eng Stonn virum Public driwwer informéiert ginn ass. Dat schwätzt sécherlech net am Sënn vun Dialog an Transparenz, déi hei praktizéiert ginn.

(Interruption)

Ech weess, dass Der dat net gären héiert, mä Dir hutt dat awer an d'Welt gesat an da musst Der elo domadder liewen.

Ech géif awer nach, ier ech op de Projet zrëckkommen, zwou Remarque maachen, déi hei virdru gesot gi si vu mengem Kolleg vun der sozialistescher Fraktioun, wat d'Gewerkschaften ubelaangt, déi dësen Accord salarial ausgehandelt hunn.

D'Regierung huet mat där representativer Gewerkschaft vum Secteur public, der CGFP, verhandelt. Hei gëtt sech dann opgereggt, datt déi aner Gewerkschaften net

derbäi gewiescht wiere respektiv datt se emol net géifen informéiert ginn. Ech wollt just hei, Här President, festhalen, datt dat am Privatsektor net anescht ass, mä just dass et do ëmgedréint ass. Déi, déi sech hei opregen, datt se net informéiert ginn an net derbäi sinn, déi maachen et am Privatsektor genau d'selwecht mat deenen anere Gewerkschaften. Déi huelen och kee mat a si informéieren och keen am Privatsektor.

Doriwwer eraus trëtt déi gréisste Gewerkschaft am Privatsektor am Fong fir d'Eenheetsgewerkschaft an, a seet: Eng Gewerkschaft am Privatsektor, dat ass dat Besch, wat eis ka geschéien. An an der Fonction publique, wou mer quasi, wa mer d'Wahlresultater vun der CGFP kucken, eng Eenheetsgewerkschaft hunn, do gëtt da vun där enger Gewerkschaft aus dem Privatsektor versicht, déi Eenheetsgewerkschaft an der Fonction publique ze zerstéieren. Eng Contradictioun zwéi Mol a sech selwer, mä dat héft sech bekanntlech op.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech war iwwerrascht iwwert d'Aussoe vum Mars Di Bartolomeo iwwert den Asaz, deen d'LSAP haut hei fir d'Fonction publique gemaach huet. Et kann ee verstoen, datt, wann eng Partei op eemol an d'Opposition kënnt an net esou vun ongefëier, mä opgrond vu Wahlresultater, déi d'Fonction publique staark beaflosst huet, se dann op eemol seet: Ma, mäi Gott, da komm mir maachen d'Kéier erëm a mir ginn erëm op deen alen Train, wéi mer e fréier haten, zréck.

Mä wat ech e bësse bedauert hunn, dat ass, datt den Här Di Bartolomeo hei gesot huet: Mir hunn aus eise Feeler geléiert a mir sinn duerfir bestrooft ginn, mir hunn duerfir bezuelt. Dat heescht, d'LSAP gesäit haut déi Pensionsreform, déi se an der Fonction publique 1998 mat duerchgezunn huet, als e Feeler un. Dat bedauere mer. Mir hate gemengt, dat wier aus voller Iwwerzeugung gemaach ginn an dat hätt iwwerhaupt näischt mat eis ze dinn, mä eben d'LSAP an d'CSV hätten dat deemools aus voller Iwwerzeugung gemaach.

Haut stelle mer fest, datt et vun der LSAP hirer Säit aus e Feeler war. Ech wëll just soen: Vun eis aus war et kee Feeler a mir sinn haut nach darselwechter Meinung wéi virun de leschte Wahlen, nämlech datt déi Reform am Pensionssystem am öffentleche Sektor huet misse kommen.

Haut schwätzt jo kee méi dovun, fir déi Reform réckgängeg ze maachen. Och eng Demokratesch Partei, vun där mer haut schonn eng ganz Rei vun Zitater doriwwer héieren hunn, wat si alles virun de Wahlen geschriwwen huet an no de Wahlen géif maachen. Mä dat wichtegst Zitat, Här President, géif ech mengen, war dat, mat deem se d'Wahlen gewonnen huet, nämlech datt se déi Rentereform géif réckgängeg maachen an de 5/-System erëm aféieren. Dat Zitat hunn déi zwéi Sprächer vun der DP haut vergiess hei virzeliesen.

Ech ka mer virstelle firwat. Well et hinnen am Dram net méi afält, dat ze maachen an et hinnen deemools, wéi si et geschriwwen hunn, bewusst war, datt se dat ni méi géife réckgängeg maachen, mä et war aus rengem Electoralismus, wou dat eben deemools geschriwwen gouf - mat engem gewëssen Erfolleg, muss ee soen -, mä et muss een awer heiansdo rappeléieren, wat d'Demokratesch Partei der Fonction publique a Wierklechkeet virun de Wahlen versprach hat, an datt se haut vun deem wesentleche Punkt net een eenzegt Wuert méi hei seet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer de Rapport liesen an de Kommentar an den Exposé des motifs vun dësem Projet, da gëtt d'Regierung eis eng Rei vu Chifferen. Si seet zum Beispill, wat d'ekonomesch Situation vum Land wier: do wier de PIB 1999 ëm 7,6% an d'Luucht gaang; 2000 wier en 8,5% an d'Luucht gaang; d'Inflation wier 2000 liicht iwwert 3%, 2001 liicht ënnert 3% bliwwen. Si seet de Chômage wier 1997 3,4% gewiescht an e wier am Dezember 2001 2,7% gewiescht. Alles gutt Resultater aus ekonomescher Sicht, woubäi ee muss soen, datt de Prozentsaz beim Chômage wuel erofgaangen ass, mä zënter dass dës Regierung ugetratt ass, d'Zuel un effektive Chômeuren iwwer 1.000 an d'Luucht gaangen ass, och wann de Prozentsaz erofgaangen ass.

Dësen Accord ass fir 16.000 Fonctionnaires an Employés d'Etat, 2.300 Staatsarbechter an 21.000 Personnen aus dem assimiléierte Sektor. Den Accord huet eelef Punkten, an dëst Gesetz vun haut limitéiert sech am Fong op deen ee Punkt, wat d'Augmentatioun vum Punktwäert dräi Joer hannereneen all Kéiers an der Héicht vun 1,6% ugeet.

Iwwert déi verschidden aner Punkte wëll ech an dësem Kader elo net diskutéieren. Si ginn zum Deel iwwert d'Reform vum Statut, wou mer an der Kommissioun amgaang sinn drun ze schaffen, ëmgasat oder iwwer Reglementer. Mir wäerten zu engem spéideren Zäitpunkt drop zréckkommen.

Just ee Punkt, deen ech wëll haut hei ervirsträichen, dat ass deen, datt mer de Pensionsalter an der Fonction publique elo vu 65 op 68 Joer wëllen eropsetzen. Ech wëll just drun erënneren, datt mer en am Privatsektor virun e puer Joer och vu 65 op 68 Joer eropgesat hunn, an datt mer en elo mam Gesetz iwwert de Rentendesch erëm vun 68 op 65 Joer erofgesat hunn. Vläch - an ech kann et mer net anescht virstellen - gëtt hei e vill bessere finanzielle Attrait gemaach, wéi dat am Privatsektor de Fall war. Am Privatsektor hat déi Proposition, déi am Gesetz war, keen Erfolleg. Duerfir ass se erëm ofgeschaaft ginn. Wa se hei en Erfolleg huet, da muss se selbstverständlech e ganz interessante finanziellen Attrait hunn.

Ech soen ëmmer: Een, dee méi laang schaffe geet, wéi e muss schaffe goen, an een dee méi laang souguer wéi 65 Joer schaffe geet, do gëtt et ëmmer fir mech nëm-

men zwou Ursachen: Déi eng ass, datt en eng fuerchbar gutt Plaz huet, wou en net brauch vill ze schaffen a vill verdéngt, an déi zweet Ursach ass, dass e muss eng fuerchbar schlëmm Fra doheem hunn, soss kann ech mer net virstellen, datt ee méi laang schaffe geet, wéi e misst schaffen.

M. Xavier Bettel (DP). - Wat huet den Här Koepp dann?

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ma, den Här Koepp. Oh, ech soe léiwer näischt. Ech wollt nämlech eng Verbindung tëschent dem Här Koepp an lech maachen an hu mech awer elo an der leschter Sekonn, Här Bettel, gebremst kritt.

Den Accord, dee mer hei maachen, Här President, dee kascht selbstverständlech eppes. Dee kascht fir d'Joer 2002 17.777.000 Euro, fir d'Joer 2003 36.270.000 Euro a fir d'Joer 2004 net grad 57.000.000 Euro, zesummen iwwert déi dräi Joer 110.000.000 Euro oder 4,5 Milliarde al Frang, an dono 2,25 Milliarde Frang pro Joer. Als ADR wëll ech soen, datt mir fir de Prinzip sinn, dass d'Gehälter, souwuel am private wéi am öffentleche Sektor, dem wirtschaftleche Wuesstum ugepasst ginn.

D'Regierung ass am beschte situéiert, fir déi ekonomesch Situatioun vum Land, souwuel national wéi am internationalen Ëmfeld, kënne richteg anzeschätzen. Wann d'Regierung zur Konklusioun kënnt, dass dësen Accord finanziell vertriebbar ass, dann hu mir als ADR keng Ursach, fir dat net ze gleewen. Den ADR ass duerfir mat der Upassung vun deenen dräi Mol 1,6% Augmentatioun averstan. Ech géif awer do dernieft dann eng Rei vu prinzipiellen Iwwerleeunge maachen.

Éischtens musse mer wëssen, wa mer am öffentleche Sektor dräimol 1,6% bäisetzen, datt dat eng zousätzlech Konkurrenz vis-à-vis vum Privatsektor gëtt, well d'Gehälter am öffentleche Sektor vis-à-vis vum Gros vum Privatsektor haut schonn an der Moyenne besser sinn, an datt duerfir den Trend vun dem Privatsektor Richtung öffentleche Sektor nach méi staark wäert ginn, an datt nach méi mëttelstänneg Betriber wäerte Problemer kréie fir Leit ze rekrutéieren oder datt d'Leit just dohinner schaffe gi bis se beim Stat eng Plaz kréien.

Mir wëssen, datt mer de Bau ganz ofginn hunn, datt do praktesch keng Lëtzebuurger méi dra schaffen. D'Handwierk si mer amgaange ganz ofzeginn an de Mëttestand insgesamt och. Et muss een dat wëssen.

Här President, ech mengen den Här Glesener wëllt mer eng Fro stellen.

M. Marcel Glesener (CSV). - Nee.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ah, dann ass et gutt. Fein wéi een ass, hätt ech lech awer gären d'Wuert ginn, Här Glesener.

Esou en Accord ass zweetens richtungsweisend fir de Privatsektor, Här Glesener. Ech sinn der Meinung, datt

wann d'Regierung seet, datt déi ekonomesch Situatioun et erlaabt, iwwer dräi Joer 1,6% bäisetzen, datt Geld do wier, fir dat ze maachen, et dann eng Normalitéit ass, datt d'Gewerkschaften am Privatsektor och mindestens 1,6% fir hir Leit mussen duerchsetzen, well et ka jo net sinn, datt déi, déi en direkten Afloss op de Succès vun eiser Economie hunn, nämlech d'Leit aus dem Privatsektor, solle manner vun deem Verdéngscht, dee mer zesummen erwirtschaft hunn, kréie wéi déi Leit, déi net en direkten Afloss op dee Wuesstum hunn.

Et schéngt eis also ganz kloer ze sinn, datt d'Regierung heimadder wollt en Akzent setzen, datt am Privatsektor d'Léin an d'Gehälter an der Moyenne misste mindestens ëm 1,6 Prozentpunkten an d'Luucht goen.

Zousätzlech zu dëse prinzipiellen Iwwerleeungen, Här President, wëll ech nach e puer aner Iwwerleeunge mat doriwwer erabréngen, wéi d'Differenz ëmmer tëschent dem privaten an öffentleche Sektor gefouert gëtt. Et ass bestëmmt keen, deen de Leit an der Fonction publique net hir Augmentatiounen zoukomme léisst, mä d'Leit am Privatsektor revoltéiert et, wéi hei mat zweeërlee Argumenter diskutéiert gëtt.

Éischtens, wa mer kucken, wéi mer iwwert de Renten-dësch geschwat hunn, do ass zwee Joer laang all Dag an der Press kommentéiert ginn, bis dann elo no zwee Joer d'Renten aus dem Privatsektor ëm fënnf Milliarden an d'Luucht gehoff ginn. Doriwwer ass zwee Joer hei am Land debattéiert ginn, mat allem, wat mer doraus wëssen.

Hei an der Fonction publique gëtt en Accord salarial, deen iwwer véier Milliarden déi dräi Joer oder duerno 2,2 Milliarden ausmécht, ausgehandelt, wou kee Mënsch während all deene Méint ee Wuert nëmmen héieren huet. Dat ass stillschweigend gelaf. Do hu keng Statistiken, keng Etüden, do huet näischt brauche gemaach ze ginn, mä et war op eemol enges gudden Daags e Resultat do. Dat ass dat, wat d'Leit am Privatsektor net verstinn. Wou kann een iwwer zwee Joer permanent diskutéieren, wann een d'Hongerrente wëllt verbessern, mä wann een awer Gehälter verbessert, dann ass dat hei zu Lëtzebuerg keng Diskussioun?

Wéi kann een, wa fir 100.000 Rentner am Privatsektor fënnf Milliarde bäigesat ginn, esou en Tamtam opféiere wéi dat bis haut nach virugeet, vu 700.000 Leit schwätzen, dovu schwätzen, datt et an enger gewësser Zäit net méi finanzéierbar ass, an dat vum héchsten Niveau, vun eise Statsminister, a gläichzäiteg awer hei fir 16.000 Beschäftegter an der Fonction publique 2,3 Milliarden d'Joer ausginn? An da seet deeselwechte Statsminister, hie wier zefridden, frou a glécklech iwwert dat Resultat, wat do ausgehandelt ginn ass.

Hei kréie 16.000 Leit bal dat Duebelt pro Persoun vun deem, wat d'Rentner pro Persoun aus dem Privatsektor kritt hunn, ouni datt dat eng Diskussioun opgemaach

huet. Obschonn am Privatsektor fir déi fënnef Milliarde cotiséiert ginn ass an obschonn do 200 Milliarde Reserven do sinn, gëtt de Leit elo gesot: "Da musst Dir elo 700.000 Leit kréien", an et gëtt gesot, "déi Rente sinn trotzdeem net sécher". Op där anerer Säit ass dat kee Problem.

Mir sinn net dergéint - ech wëll dat nach eng Kéier hei ënnersträichen -, mä mir wëllen zum Ausdrock bréngen, firwat datt et ëmmer bei deenen enge kee Problem ass, an am Privatsektor ass et ëmmer e Problem.

Hei gëtt gesot, et wier wirtschaftlech vertriebbar, dräimol ëm 1,6% ze erhéien. Eise Wirtschaftsminister geet dann awer de 4. Mee op d'Fréijoersfoire a mécht dann e waarmen Appel un d'Sozialpartner, fir am Privatsektor eng moderat Lounpolitik ze maachen. Déiselwecht, déi op där enger Säit soen: "Dat ass wirtschaftlech vertriebbar. Dat packe mer.", déi soen op där anerer Säit: "Mä Dir am Privatsektor musst awer Är Lounpolitik méi moderat maachen." Et ass dat, wat d'Leit ongerecht fannen a wat se net verstinn.

Bei de Renten am Privatsektor kucke mer 50 Joer no vir, wat fir e Wuesstum, datt mer mussen hunn, a mir soen: Mir mussen, fir dat ze bezuelen, iwwer 50 Joer véier Prozent Wuesstum kréien, oder mer kënnen et net bezuelen.

Wann ech d'Dokumenter zu dësem Accord salarial kucken, do gëtt guer net no vir gekuckt. Do gëtt op déi zwee beschte Joren, déi mer jeemools an eiser Geschicht haten, zréckgekuckt, wou de Wirtschaftswuesstum aacht, néng Prozent war, an da gëtt gesot: Da kënnen mer eis et och an der Zukunft leeschten.

Et ass dat, wat d'Leit aus dem Privatsektor net verstinn, datt bei deenen aneren op gutt Resultater gekuckt gëtt, a bei hinnen net. D'Leit verstinn net, datt am Privatsektor Etüde gemaach ginn, wéi hir Rente 50 Joer am Viraus ze finanzéiere wäeren, datt eng CSV, eng LSAP, eng DP an DÉI GRÉNG awer géint eng Motioun vum ADR gestëmmt hunn, fir an der Fonction publique emol eng Kéier e puer Jorzéngten no vir ze kucken, wat et géif kaschten. Do gëtt refuséiert, fir et iwwerhaupt ze kucken an am Privatsektor gëtt et systematesch verlangt an duerchgezunn als Argument, fir näischt bäizesetzen.

Um Rentendesch ass festgehalen ginn, wann d'wirtschaftlech Entwécklung net esou gutt wier wéi ugeholl, da géife mer op d'Verbesserungen zréckkommen a si missten eventuell zréckgeholl ginn. Am Accord salarial an der Fonction publique gëtt et just ëmgedréint gemaach. Do gëtt gesot: Wann et besser geet wéi mer ugeholl hunn, da komme mer drop zréck, an da gëtt den Accord nach eng Kéier noverbessert. D'Leit aus dem Privatsektor verstinn dat net, wuerfir bei hinnen nëmme ka gekierzt ginn, wann et méi schlecht geet, mä bei deenen anere kann awer nëmme verbessert ginn, wann et ekonomesch besser geet.

E siwint Beispill, wat d'Leit am Privatsektor net verstinn, dat ass, datt am viregten Accord salarial, fir deem seng Ëmsetzung dës Regierung sech jo engagéiert huet, festgehalen ginn ass, dass soll gekuckt ginn, fir Zousazpensiounen am öffentleche Sektor am Iwwergangsregime anzeféieren. Ee Regime, deen identesch ass mat deem aus dem Privatsektor, woubäi awer gesot gëtt: "Deen am Privatsektor ass net laangfristeg finanzéierbar". An eise Statsminister schléit de Kopplabunz all Dag, fir dat frësch ze ënnersträichen, mä déiselwecht Regierung wëllt awer am öffentleche Secteur deene gläiche Pensiounen nach eng Zousazpensioun zoukomme loosse. Eng Situatioun, déi d'Leit am Privatsektor net kënnen verstoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech gesot hunn, datt mer mat der Augmentatioun vun deenen dräimol 1,6% kënnen averstane sinn, esou kënnen mer awer net domat averstane sinn, datt dësen Accord en direkten Afloss op d'zukünftleg Pensiounen huet. Dat ass net vum Rapporteur a vu kengem vu menge Virriedner gesot ginn, mä ech hunn et schonn hei gesot an ech wëll et nach eng Kéier rappeléieren - fir iergendwéi en Ausgläich an där Diskussioun hei ze schafen -, datt jiddereen, deen an d'Pensioun geet nom Akraafttriede vun dësem Accord, mat méi enger héijer Pensioun an d'Pensioun geet, well eben duerch den Iwwergangsregime iwwert déi nächst 40 Joer d'Pensiounen nach ëmmer op dat lescht, dat heescht bescht Gehalt, berechent ginn.

Alleguer déi Leit, déi an der Fonction publique an der Pensioun sinn, hunn näischt vun dësem Accord, mä alleguer déi, déi duerno an d'Pensioun ginn, hunn eppes dovunner. Esou huet zum Beispill den Expéditionnaire - dat ass déi klengste Carrière - elo eng Pensioun am Grad 8bis - ech schwätzen a Frangen, well dat jidderee besser versteet - vun 129.000 Frang. Dee kritt, wann en no dësem Accord an d'Pensioun geet, 6.000 Frang bäi an e geet da mat enger Pensioun vun 135.000 Frang an d'Pensioun.

D'Carrière moyenne, de Rédacteur, de Primaner am Grad 13, huet elo eng Pensioun vun 177.000 Frang. Deen, deen no dësem Accord salarial an d'Pensioun geet, kritt 8.500 Frang duerch dësen Accord bäigesat a kritt dann eng Pensioun, wann en dra geet, vu ronn 186.000 Frang. En Ingenieur an der Carrière supérieure huet elo eng Pensioun vun 225.000 Frang an no dësem Accord salarial an duerch dësen Accord salarial kritt en 11.000 Frang beim Untrëtt vun der Pensioun méi an huet dann 236.000 Frang Pensioun. En Direkter an der Carrière supérieure am Grad 18 huet 260.000 Frang Pensioun an e kritt der 13.000 bäi an e kënnt dann herno op eng Pensioun vun 273.000.

Mir waren als ADR 1988 géint den Iwwergangsregime, well mer gesot hunn, dass dat net ze finanzéiere wier, iwwer 40 Joer esou en deiere Regime an der Fonction

publique, an datt iwwer 40 Joer géife weider d'Pensiounen op den Endgehälter/Beschtgehälter berechent ginn a well mer gesot hunn, dass an Zukunft géif eng Politik gemaach ginn, fir eben d'Gehälter ze augmentéieren, d'Fin de carrière, fir domat den Antrëtt vun der Pensioun gläichzäiteg méi héich ze maachen. Datt mer richteg deemools louche beweisen déi Chifferen, déi ech haut hei virgeluegt hunn.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Dat war 1998.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dat war 1998, Här Asselborn, Dir kënnt lech doudsécher genau un den Dag, un d'Stonn an - ech géif souguer soen - bal un d'Minutt erënneren, well se läit lech haut nach ferme am Genéck.

Op jidde Fall, Här President, duerch dësen Accord ginn déi Pensiounen do an d'Luucht an deem stëmmt den ADR net zou. Den ADR seet jo zu der Gehaltserhéijung fir déi Aktiv. Den ADR seet awer nee zu deenen domat verbonnenen zukünftege Pensiounen, déi méi héich sinn. Duerfir enthält den ADR sech beim Vote zu dësem Projet.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufänke fir d'éischt iwwert d'Aart a Weis ze diskutéieren, wéi den Accord salarial zustane komm ass. Eng Aart a Weis, déi mir als GRÉNG, nach ni eng glécklech fonnt hunn, an dat aus engem ganz einfache Grond, well, esou wéi d'Chifferen et erginn hei am Rapport vum Rapporteur, mer haut feststellen, datt en Accord salarial ofgeschloss ginn ass fir 16.000 Fonctionnaires, 2.300 Statsaarbechter an 21.000 sou genannten Assimiléierter zum Statssecteur.

Et ass awer esou, datt den Accord salarial nëmmen négociéiert gëtt mat enger Gewerkschaft, der CGFP, déi natierlech bei deene 16.000 Fonctionnaire méi wéi representativ ass. Esou wéi et schonn hei gesot ginn ass, huet si bei de Wahlresultater an deem Secteur quasi d'Unanimitéit an der zoustänneger Beruffskammer, mä ech muss awer grad esou dobäi soen, datt bei deenen 21.000 Leit, déi am assimiléierte Secteur schaffen, keen een organiséiert gëtt vun der CGFP, an datt et do eng Rei aner Gewerkschaften gëtt, déi och bei deene Wahlen, do wou se sech presentéieren, sief et bei de Beruffskammeren, sief et um Niveau vun den Délégations d'entreprise, ganz kloer Verhältnisser geschafen hunn, dat heescht méi wéi majoritär sinn an deene Betriber, wou se sinn.

A wann een d'Tendenz kuckt, och op Basis vun enger Rei Gesetzesprojeten, déi mer gestëmmt hunn an deene leschte Wochen hei an der Chamber - virun allem zum Beispill ee leschten, nämlech dee vum Flughafen, wou mer keen Etablissement public, mä eng Société ano-

nyme geschafen hunn, fir de Flughafen ze géréieren a wou mer da wahrscheinlech wäerten an eng Situatioun kommen, datt déi Leit, déi an där Entreprise wäerte schaffen, déi sech doraus wäert erginn an deenen nächste Joren, en ähnliche Statut wäerten hu wéi déi 21.000, déi am assimiléierte Secteur schaffen -, da kann een dovun ausgoen - vu datt mer déi Tendenz kënne beobachten a méi Beräicher - datt dee sou genannten assimiléierte Secteur weider wäert uwuessen an datt e weider wäert eigentlech, wat d'Kräfteverhältnis ubelaangt par rapport zum Fonctionnairessecteur, vun deem sengem Point de vue hei ëmmer beim Accord salarial ausgaange gëtt, méi eng grouss Bedeitung wäert kréien.

Ech fannen et net ganz glécklech - fir et emol gelinde auszedrücken -, wann négociéiert gëtt, wann dann duerfir nëmmen négociéiert gëtt mat enger Gewerkschaft, déi net de Gesamtpak vu Saliarië betrëfft, mä nëmmen 16.000 Fonctionnaires, an doduerch par contre déi 21.000 Leit aus dem assimiléierte Secteur vun den Négociatiounen ausgeschloss sinn, respektiv beschtefalls iergendwann eng Kéier consultéiert ginn, mä se eigentlech iwwerhaupt keen Afloss op déi Négociatiounen hunn. Ech muss soen: Ech sinn zimlech sécher, datt vu d'Evolutioun an deem ganze Beräich do, dat net wäert éiweg esou weidergoen, datt iergendwann eng Kéier déi 21.000 Leit aus dem assimiléierte Secteur zu anere Mesurë wäerte gräifen, fir sech Gehéier ze verschafen, fir mat kënne op den Dësch ze kommen, wann et ëm den Accord salarial geet.

Ech muss drop hiweisen - dat hunn ech an deene leschte Joren, datt ech an der Chamber hei sinn, scho gemaach -, datt dat wichteg ass, well mer ganz spezifesch Situatiounen hunn an deenen eenzelne Secteuren. Vill méi komplizierter, wéi mer se beim Stat, bei de Fonctionnaires als solches hunn, wou ganz anescht geschafft gëtt. Ech muss drop hiweisen, datt mer an Zukunft wäerte Konflikter kréien, well an deenen doten Entreprises, déi jo do gezwonge sinn, deen Accord salarial tel quel ze iwwerhuelen an ze iwwerdreien op hir Mataarbechter, dat oft zu ganz schwéiere Finanzéierungsschwieregkeeten à la limite ka féieren, an Zukunft fir eenzel Betriber.

Dat heescht, ech mengen, datt mer iergendwann eng Kéier net derlaanscht wäerte kommen, fir sachlech emol driwwer ze diskutéieren, wéi déi Négociatiounen do an Zukunft solle stattfannen, ronderëm deen awer trotzdeem, wann een alles zesummenzielt, imposante Secteur vu bal 50.000 Leit, fir dee mer hei ofschléissen.

(Interruption)

De Stat verhandelt souwisou fir d'Gemeenge mat. Dat ass richteg. Do misst een driwwer diskutéieren, well do ass et och net esou, datt d'FGFC entre-temps zumindest déi écrasant Majoritéit huet wéi dat zum Beispill fir d'CGFP de Fall ass bei de Fonctionnaires.

(Interruption)

Här President, den Här Jaerling mengt, et wär eng falsch Duerstellung. Ech wär frou, wann e mer dat kéint erklären.

M. Aly Jaerling (ADR).- De Stat verhandelt nëmme mat fir den assimiléierte Secteur a fir d'Gemengenaarbechter fir de Punktwäert. All déi Secteuren hunn en eegene Kollektivvertrag, wou déi Gewerkschaften, déi Dir elo hei opgezielt hutt, nach extra zousätzlech eppes verhandelen. Dat musst Der dann och hei éierlechkeetshalber soen.

(Interruption)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat ass awer net fir d'Gemegefionctionnairen, Här Jaerling. Dir geheet alles hei e bëssen duercherneen. D'Gemegefionctionnaire si gezwongen, déi iwwerhuelen dat heiten tel quel, wéi et hei steet, fir sech. Do gëtt net méi frësch verhandelt.

(Interruption)

Wéi? Ma nee, Dir geheet alles duercherneen. An ech wëll lech soen, zum Beispill op der Eisebunn gëtt heiriwwer net méi nach extra négociéiert. Dat gëtt tel quel iwwerdroen op de Statut vun den Eisebunner.

(Coups de cloche de la Présidence)

Do gëtt et keng Differenz méi herno an do gëtt net méi nach separat négociéiert. Ech weess net wéi Der do-runner kommt.

Bon! Et ass egal. Et kann een hei souwisou heiandsdo jo alles behaapten, ouni mussen ze beweisen, dass et richtig ass. Dat hei ass erëm esou ee Fall. Dat mécht elo der Kaz hei kee Bockel.

(Interruption)

Nee, et ass net relevant, Här Mehlen. Dat ass richtig, mä ech mengen Dir erkläert dat Ärem Fraktiounskolleeg besser wéi mir, datt dat net schrecklech relevant ass.

Ech kommen dann zu deem Punkt, dee mer hei iwwer e Gesetz ofschléissen, nämlech d'Erhéijung vum Punktwäert iwwert dräi Joer: Dräimol 1,6%. Ech muss soen: Mir hunn als GRÉNG kee grössere Problem, wat d'Gesamtenveloppe financière ubelaangt, wat hei verdeelt gëtt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech muss allerdéngs soen, datt wa mir hei hätte kënnen négociéieren als GRÉNG, dann hätte mir éischter versicht mat de Gewerkschaften ze négociéieren, fir net alles an d'Erhéijung vum Punktwäert ze ginn, mä een Deel an d'Erhéijung vum Punktwäert ze ginn, awer en aneren Deel an zum Beispill méi qualitativ Saachen.

Ech wëll drop hiweisen, datt mer an deene leschte Jore beim Stat eigentlech op engem bessere Wee waren an där Hinsicht, datt mer bei enger Rei vun Accord-sala-

rialen zum Beispill de Congé gehéicht hunn. Ech hätt et besser fonnt, wann een hei higaange wär an et hätt ee gesot, als Beispill: Dëst Joer 1,6% an eben déi zwee Joer dono net 1,6%, mä een Deel dovunner ze huelen, fir de Leit méi Congé ze ginn. Dat hätt iwwerens net dann deen Nieweneffekt gehat, deen hei virdru beschriwwen ginn ass, beim Iwwergangsregime. Mä dat ass awer e Choix, deen eng Regierung treëft, wa se négociéiert, a wat fir eng Richtung se sech wëllt bewegen.

Mat der Gesamtenveloppe budgétaire, déi hei usteet, vun där d'Fonctionnaire solle profitéieren, hu mer kee Problem. Duerfir, och wa mir op een anere Wee gaange wäeren an den Négociatiounen, hu mer awer kee Problem fir déi dräimol 1,6% hei mat ze droen, well mer einfach der Meenung sinn, datt dat einfach dat ass, wat deene Leit aus dem öffentleche Secteur soll zegutt komme bei der Verdeelung vum gesellschaftlech erschaffte Raichtum.

Ech wëll awer dann nach op eng Rei aner Punkten agoen, déi am Accord salarial dra stinn. Et sti jo eelef Mesuren an deem Accord salarial, déi schéin hei am Rapport opgeléicht gi sinn. Ech wëll net zu allen eelef Stellung huelen, well eng Rei eigentlech méi technescher Natur sinn a keng grösser Bedeitung hunn. Ech wëll haaptsächlech op fënnf Stéck agoen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géing ëm Är Opmierksamkeet bieden, Kollegen! Et ass ëmmer schwéier fir e Riedner, wann e muss schwätzen an et ginn dorëmmer Zwiesprächer gefouert.

Fuert weider, Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech kommen dann zu deem éischte Punkt op deen ech wëll agoen, dat ass de Punkt zwee vum Accord salarial. Dat ass déi Klausel, déi dra festgehalen ginn ass, datt wann den Environnement économique et social am Laf vun deenen dräi Joer méi favorabel soll gi wéi en am Moment ass, datt dann nach eppes Gewëssenes kann noverhandelt ginn.

Ech mengen, dat ass eng sënnvoll agebaute Klausel, wann een en Accord iwwer dräi Joer ofschléisst. Do muss ech awer soen, datt ech eigentlech net esou waarm si fir esou laangfristeg Accorden ofzeschléissen wéi deen heiten. Ech hätt et léiwer gehat, mir wäeren op de Wee gaange wéi et emol fréier war an der Fonction publique, datt d'Accorden nëmmen iwwer zwee Joer ofgeschloss gi sinn. Ech weess awer, wat d'politesch Ursache sinn, firwat deen heiten Accord iwwert dräi Joer ofgeschloss gëtt, nämlech well eng Wahlchéance 2004 dra läit an dat natierlech relativ schwierig ass ze négociéieren. Mä et misst ee sech awer vläicht iwwerleeën, ob een net erëm op deen anere Wee zrëckkënnt. Mä dovun ofgesi fanne mer et awer gutt, datt déi Klausel dra steet.

Da kommen ech zum Punkt dräi an dat ass dee vun der Gehälterrevisioun. Do muss ech soen, do deelen ech verschidde Kriticken, déi hei gemaach gi si vum Mars Di Bartolomeo virdrun, dee seet, datt eigentlech am Ufank vun der Legislaturperiod d'Leit am öffentleche Secteur de Mond zimlech wässereg gemaach kritt hunn, andeem eng Gehälterrevisioun an Aussicht gestallt ginn ass, immens vill négociéiert ginn ass mat allméiglechen Ënnergruppéierung beim Stat, an awer eigentlech iergendwann eng Kéier déi Kar sech schéngt verfuere ze hunn, an elo just nach Rieds geet vun enger Reaktivéierung vun enger desaktivéierter Kommissioun.

Ech muss soen, ech fannen dat besonnesch bedauerlech, well ech nach haut der Iwwerzegung sinn, datt, ier een deen Exercice gemaach huet, deen an der leschter Legislaturperiod gemaach ginn ass, nämlech eng Pensiounsreform beim Stat, een hätt misse virdrun eng Gehälterrevisioun maachen. Ech war einfach der Meenung - an dat hunn ech déi Zäit ëmmer hei gesot -, datt mir als GRÉNG fir eng Pensiounsreform beim Stat wäeren, mä datt een, ier een déi mécht, fir d'éischt eng Gehälterrevisioun sollt maachen, well eigentlech beim Stat iwwert déi lescht 40 Joer déi ganz Gehaltsstrukture wéinst dem Fait, datt déi Pensiounen esou ware wéi se nun emol waren, immens axéiert waren op d'Endgehälter an eng Hierarchie entstanen ass, eng Gehälterstruktur, déi menger Meenung no net méi déi beschten an net méi déi adequatsten ass.

Esou dass ech der Meenung sinn, dass déi Gehälterrevisioun hei hätt misse stattfannen, emol net haaptsächlech aus Grënn fir elo allméigleche Clientélismus hei ze bedreiwen an allméiglech Ënnergruppen ze bedénge beim Stat, mä fir eng Rei Saachen ze klären, déi einfach inhärent sinn un der Gehälterstruktur. Mir wäerte gesinn an deenen nächste Joren duerch déi zwee Regimer, déi mer elo hunn am öffentleche Secteur, nämlech den Iwwergangsregime an deen neie Regime, datt mer vill Komplikatiounen wäerte kréien an deenen nächste Joren, wa mer elo nach weider Gehälteraccorden ofschléissen, an datt mer iergendwann eng Kéier - dat wäert net méi ganz laang daueren - eng éischt Associatioun kréie beim Stat an dem öffentleche Secteur, déi sech wäert aetze fir Härtefäll, nämlech déi da wëllen tranchéiert hunn tëschent deem Iwwergangsregime an deem neie Regime, well ech si sécher, datt mer iergendwann eng Kéier an d'Situatioun wäerte kommen, datt an eenzelne Carrière beim Stat déijéineg am neie Regime besser wäerten ewechkommen an der Pensioun wéi déi am Iwwergangsregime.

Dat huet ebe mat der Gehälterstruktur ze dinn. Duerfir sinn ech der Meenung, datt et schued ass, dass mer eng Geleeënheet verpasst hunn an dëser Legislaturperiod, wou jo méi Rou war, fir iwwert déi dote Froen alleguer ze diskutéieren.

M. Robert Mehlen (ADR). - Da wier et mat der Rou séier eriwuer gewiescht, Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Dat hänkt alles dovun of, Här Mehlen, wéi een dat ugeet. Wann een et natierlech ugeet an engem Geescht wéi Dir et heiandsdo ugitt par rapport zum öffentleche Secteur, nämlech haaptsächlech interesséiert sidd fir Zizanie ze bedreiwen tëschent eenzelne Salariatssecteuren, dann ass natierlech kloer, dass et sécherlech schief geet, mä wann ee gudde Wëllen huet an et ass een interesséiert e Problem ze léisen, da sinn ech der Meenung, dass een hei eppes hätt kënnen erreechen.

Här Koepp, wollt Dir och nach iergendeppes soen? Ech héieren lech nämlech net oft an dëser Chamber. Et wär een emol drun interesséiert, lech ze héieren.

M. Jean-Pierre Koepp (ADR). - Ech lauschteren lech esou gären no. Ech wollt lech dat elo just soen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Lauschtert Dir mer léiwer no. Da maacht dat och. Da lauschtert mer no, mä schwätzt mer dann net méi dertëscht, wann ech glift, Här Koepp.

M. Robert Mehlen (ADR). - Dir wëllt die Büchse der Pandora opmaachen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Ech mengen, Dir wësst net esou richteg, wat den Ënnerscheid ass tëschent Nolauschteren a Schwätzen. Ech mengen, ech muss lech deen emol nach eng Kéier erklären.

(Exaspération)

M. Jean-Pierre Koepp (ADR). - Do brauch ech net bei lech an d'Schoul ze kommen.

M. Robert Mehlen (ADR). - Bleift um Dill.

Une voix. - Här President, dat do war schlëmmer wéi ech jeemools war.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Dir Hären, loosse mer awer seriö bleiwen.

Une seconde voix. - Et geet zum Schluss.

Une troisième voix. - Jo, et sinn nëmmen déi Hären.

(Hilarité)

Dat ass och fir d'Damme gemengt, mä déi si méi roueg.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Et ass heiandsdo e bësse schwéier sech duerchzesetzen, Här President, mä et geet awer.

Da kommen ech zum Punkt véier. Dat ass méi en heiklen. Do muss ech soen, dat, wat ech hei am Text liesen, ass éischters emol immens vague; hei si Saache geschriwwen: "Mir studéieren déi eventuell Konsequenze vun der Reform vum Régime général des pensions op den Déroulement vum Régime transitoire." Dat si Formula-

tiounen, ech weess net, den Här Schaack kann eis vläicht herno erklären, ob hien eppes kann domat ufänken, ech kann net vill domadder ufänken, zumools wann ech effektiv liesen, datt do a Wahlprogrammer méi prezis Saache stungen.

Op alle Fall, ech fannen, datt et net glécklech ass, wa mer esou Saachen hei an den Accord salarial dra schreien, well dat kann herno Ulass ginn zu allméigleche Fuerderungen. Hei ka quasi jiddferee sech op dee Punkt véier beruffen, fir Fuerderungen ze stellen, an duerfir fannen ech et net glécklech, wann een esou Saachen an en Accord salarial dra schreift.

Ech wëll iwwregens do dem Här Gibéryen soen - en ass zwar elo leider net hei -, datt hie virdrun hei d'Wourecht net gesot huet, wéi e gemengt huet, déi Motioun deemools vun hinnen, fir eng Etüd maachen ze loosse am Pensiounsregime och vun der Fonction publique, do wäre just si dofir gewiescht. Dat ass net wouer. Mir hunn als Gréng deemools déi mat gestëmmt, well ech muss lech soen ech gesi guer kee Problem, firwat een net kann oder souguer soll eng Etüd maachen och an deem Secteur, well et gëtt eng ganz Rei Punkten, déi eis de Moment stéieren.

Zum Beispill de Fait, datt den öffentleche Secteur keng eege Pensiounskeess huet, wat menger Meenung no iergendwann eng Kéier fir dee Secteur zu grousser Problemer wäert féieren a spéidere Joren. De Moment fléissen nämlech déi Cotisations, déi am öffentleche Secteur abezuelet ginn, einfach esou an d'Statskeess eran an de Stat respektiv déi jeeweileg Regierung ka mat deene Gelder maachen, wat se wëllt. Dat ass keng glécklech Situatioun. Et gëtt duerfir eng ganz Rei Grënn, déi mech duerchwegs dozou kënnen bewegen, fir kënnen esou eng Etüd ze maachen. Duerfir hu mir deemools guer keng Schwierigkeet gehat, fir déi Motioun ze stëmmen. Dat just zur Prezisioun zu deem Punkt.

Da kommen ech nach zu Punkt sechs. Dat ass deen, deen iwwert pensionéiert Statsbeamten handelt. Do sinn e puer Saachen duerchernee geheet ginn hei an der Diskussioun. Et geet hei an deem Punkt sechs net drëms de Pensiounsalter op 68 Joer eropzesetzen, mä hei steet dra geschriwwen, datt et méiglech gëtt an Zukunft, wann dat am Fonctionnairesstatut iwwer Amendement elo geännert gëtt am Hierscht, datt e Statsbeamten, dee schonn a Pensioun ass, nach weider ka verschidde Prestations de service maache fir de Stat a senger Pensioun an dat bis zu engem maximalen Alter vun 68 Joer an ënner gewëssene Konditiounen, dat heescht d'Gehalt...

Une voix.- Als Indépendant?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat muss wahrscheinlech am Fonctionnairesstatut gekläert ginn.

Une voix.- Mä voilà, dat sinn awer déi Saachen, déi...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Nee. Et sinn hei zum Beispill vum Här Gibéryen e puer Saache gesot ginn. Hien huet geschwat vun der Erhéijung vum Pensiounsalter. Hei geet et net ëm d'Erhéijung vum Pensiounsalter.

Une voix.- Beim Här Gibéryen geet et net op e Grapp un.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech muss lech soen, datt ech eigentlech awer esou e Passus wéi deen heiten duerchaus kann novollzéien.

Sécherlech muss et en éischten Objektiv si vum Stat, Här President, fir duerfir ze suergen, datt d'Pénurie de personnel beim Stat combléiert gëtt iwwer Astellungs-politik. Dat ass ganz kloer, do ginn ech dem Här Di Bartolomeo Recht, mä mir wëssen awer och, datt et duerchweegs eng Rei Fonctiounen gëtt..., ech ginn ee Beispill, wann d'Lëtzebuerger Regierung d'Présidence huet, da gräife mer ëmmer erëm zrëck op pensionéiert Statsbeamten, well mer da während enger kuerzer Period eng ganz Rei qualifizéiert Statsbeamte brauchen, déi eng gewëssen Erfahrung hunn, fir während där Présidence fir d'Regierung, fir de Stat ze schaffen. Da gëtt op déi zrëckgegraff, fir während deene sechs Méint erëm eng Kéier beim Stat ze schaffen, obscho se an der Pensioun sinn.

Ech wëll drop hiweisen, datt d'Chamber jo deen heite Wee och aschléit. Mir hunn d'Situatioun, datt mer den éischte Greffier vun der Chamber an d'Pensioun schécken am Laf vun dësem Joer, dat heescht op den 31. Dezember an ech hat am Büro proposéiert, wéi mer driwwer diskutéiert hunn, datt mer eis duerchweegs op deen heite Punkt sechs kënnen beruffen, fir dem aktuelle Greffier nach eng Rei Tâché kënnen ze ginn. Hie kritt jo duerfir d'Betreiung vum Benelux-Parlament a vum CPI an Zukunft. Dat ass op de Punkt sechs hei zrëckzeféieren.

Dat heescht mir wäerten dat doten uwenden. An dat ass eng Logik, déi esou spillt. Och hei ware mir als GRÉNG nach ëmmer der Meenung, datt de Greffe vun der Chamber vill ze vill ënnerbesat ass. Mir sinn nach dono der Meenung, dass en ënnerbesat ass, an duerch de Fait, datt mer hei eppes besetze mat engem, dee souwiesou de Know-how huet an deem Beräich, dégageiere mer eng aner Persoun, déi am Greffe schafft, fir hei ze schaffen. Duerfir fanne mir dat wierklech en due forme, esou wéi mer hei virginn. Duerfir hu mir kee Problem fir dat ze stëmmen.

Mir sinn duerfir iwwerrascht, datt mer hu missten an deene leschte Stonnen eng Rei Saachen héieren, déi mer einfach net kënnen novollzéien. Wou do Behauptungen an d'Welt gesat gi sinn: Den aktuelle Büro géif hei an der Illegalitéit Saache maachen. All déi Leit, déi dat an de leschten Deeg behaupt hunn, ech mengen, déi hunn déi Texter hei net gelies, well soss kéinte se dat net behaupten.

Dat waren déi Punkten am Accord salarial, Här President, op déi ech agoe wollt. Wéi gesot, mir hu kee

Problem, fir dat Gesetz haut ze stëmmen, bei alle Kriticken, déi mer ze maachen hätten bei enger Rei aner Punkten, déi ugedeit sinn am Accord salarial als solches, mä par rapport zum Gesetz haut, hu mer kee Problem dat ze stëmmen, well mer mat der Enveloppe d'accord sinn, soit, dass, wa mir mat négociéiert hätten, d'Akzenter anescht gesat hätten. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Här President, ech wëll elo net hei op de Statut an der Fonction publique agoen. Ech mengen, mir kréie jo nach am Hierscht d'Geleeënheet fir iwwert all déi Froen ze diskutéieren, och zum Beispill déi Froe vun Délocaliséierung a Privatiséierung, déi elo hei ugeschwat gi sinn.

Ech stelle just fest: Déi lescht dräi Wochen hu mer op d'mannst dräi Gesetzer gestëmmt, wou dat de Géigestand war. Dat war d'Gesetz iwwert d'Geometere, d'Gesetz iwwert de Findel - et ass hei gesot ginn - an d'Gesetz iwwert d'technesch Kontrollstatioun. Ech hu mech zwar dee Moment awer zimlech eleng gefillt, wou ech géint déi dräi Gesetzer gestëmmt hunn. Ech hätt mer gewënscht, do wiere vläicht méi Oppositionsstëmme gewiescht géint dat, wat mer do beschloss hunn a wat jo grad an déi Richtung geet, déi hei zurecht kritiséiert gëtt.

(Interruption)

Jo, ech weess awer net, ob sech dat an engem negative Vote erëmgespigelt huet. Dat ware jo awer déi Froen, déi bei deem Vote zur Diskussioun stungen.

Ech wëll mech just hei beschränken op zwee Kritikpunkten. Normalerweis hält een esou een Accord un, wann en ausgehandelt ginn ass vun enger Gewerkschaft.

Dat sinn zwee Kritikpunkten, déi och beim leschten Accord salarial vun eis hei an der Chamber virbruecht gi sinn.

Dat ass éischtens d'Fro vun der Linéaritéit vun deem Accord. Et ass erëm eng Kéier e reng classeschen, konservativen, linéairen Accord, wou net zum Beispill Efforte gemaach gi sinn, fir geziilten Opbesserungen ze maache fir verschidde Kategorien, déi awer eventuell noutwendeg wieren. Besonnesch an deenen ënneschte Beräicher, oder zum Beispill a gewësse post-sekundäre Carrièren, wou jo ëmmer gefuerdert gëtt, dass déi misste revaloriséiert ginn.

Déi zweet Kritik, déi ech wëll maachen, ass awer och scho vu villen aneren hei gemaach ginn. Dat ass, dass déi Gewerkschaften aus deem Secteur net alleguerte mat abezu gi sinn an déi Négociatiounen oder op d'mannst net consultéiert gi sinn. Mir haten am Juli 2000, wéi dat hei zur Debatt stoung, eng Motioun eraginn. Do hate mer gesot: "Vu que le résultat des

négociations salariales concerne également les fonctionnaires, employés et ouvriers des communes, des CFL, du secteur socio-éducatif, du secteur de la santé, représentés par d'autres syndicats représentatifs pour ces secteurs", a mir haten d'Regierung invitéiert "à mener les prochaines négociations concernant le secteur public avec tous les partenaires sociaux représentatifs, aussi bien du côté salarial que du côté patronal, de préférence au sein d'une commission tarifaire représentative pour tout le secteur public". Dat ass selbstverständlech och dës Kéier net geschitt.

Fir den Här Gibéryen vläicht ze berouegen: Mir sinn och d'accord domadder, dass am Privatsecteur d'Gewerkschaften alleguerte mat abezu ginn an d'Négociatiounen. Dann hätte mer vläicht och besser Resultater bei de Verhandlungen, och am Privatsecteur, well d'Stärkt vun der Patronatssait am Privatsecteur läit ebe just doranner, dass se kann zielen op d'Divisioun vun de Gewerkschaften. Mer gesinn dat all Dag. Mer gesinn dat zum Beispill am Bankesecteur, mä och op villen anere Plazen.

Dat sinn déi puer Bemierkungen, déi ech wollt heizou maachen. Selbstverständlech sinn ech awer och der Meenung, dass deen Accord salarial hei ze vertrieeden ass, an dass dat, wat do erreecht ginn ass, de Leit zegutt kënnt, déi all Dag schaffe gi fir d'öffentlech Interessen. Ech wäert en duerfir och stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschte Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stelle fest, datt bal eng Unanimitéit dra besteet, datt déi wirtschaftlech a finanziell Lag vum Land et ouni weideres zouléist, fir dräimol hannerteneen de Punktwäert ëm 1,6%, dat heescht iwwert déi dräi Joer insgesamt ëm 4,8%, ze erhéijen. Eng Note, déi de Lëtzebuerger Stat iwwert déi dräi Joer 4,5 Milliarde Lëtzebuerger Frang kascht.

Et kann ee sech och d'Fro stellen: Wuerfir net?

De Stat huet effektiv vill Geld. D'finanziell Situatioun ass excellent. Wann d'Gehälter gehuewe ginn - dat ass jo net nëmmen den öffentlichen Déngscht, mä all déi, déi assimiléiert sinn; e groussen Deel och am Privatsecteur -, wa méi Geld ënnert d'Leit kënnt, da fonctionnéiert d'Ekonomie jo och besser an da kommen och erëm méi Steieren eran.

Insofern kann dat, wat hei gemaach gëtt, jo net esou falsch sinn.

Här President, wann et dann esou einfach wär, da kënnt ee jo och nach - Wuerfir net? - amplaz 1,6% 2 oder 3% all Joer eropgoen.

Et muss een, wann een d'Situatioun vun eisem Land kuckt - an et gött ëmmer gesot, mir wäeren hei net op enger Insel - trotzdeem feststellen, datt Lëtzebuerg an enger aussergewöhnlecher Situatioun ass.

Eis Finanzen sinn, wéi gesot, excellent. Et muss een awer feststellen, wann een d'Gehälter vun eiser Fonctioun publique sachlech, neidlos kuckt, a se vergläicht mat de Gehälter an eisen Nopeschlänner, a mir sinn esou kleng, datt mer d'ganz Land als Grenzregioun kënnen considérieren, datt mer net nëmmen 10, 20 oder 30% dräiwer leien, mä datt mer a ganz ville Fonctiounen a Carrièren zweemol méi héich an alt esouguer dräimol méi héich leie wéi an eisen Nopeschlänner.

Dat ass d'Situatioun vun der Fonctioun publique.

Dernieft hu mer d'Privatwirtschaft, déi, well mer esou kleng sinn, an direkter Konkurrenz steet zu de Betriber am Ausland.

Dat, wat elo geschitt, mécht déi Situatioun ganz sécher net méi einfach. De Gruef, dee besteet tëschent der Lëtzeburger Economie an der Economie ronderëm, gött mat deem Accord salarial hei nach méi déif gemaach. Et muss ee sech d'Fro stellen: Wou soll dat hiféieren?

Wat mech och e bësse stéiert an dëser Diskussioun, dat ass, datt mer scho bal automatesch rasonnéieren an engem Szenario vu grouse Betriber, ob dat d'ARBED ass, ob dat Banke sinn op där enger Säit, an dem Salarat op där anerer Säit, wat jo elo soll déi Augmentatioun kréien a wou jo och de Privatsecteur sech da soll un deem Accord hei orientéieren.

Ee Stand, deen do dertëscht ass, gött quasi ganz an der Diskussioun hei vergiess oder net zur Kenntnis geholl, dat ass de Mëttelstand.

De Mëttelstand, wat ganz dacks Leit sinn, déi eleng ee Betrib gëreieren oder déi eegestänneg aktiv sinn oder déi e kleng Betrib gëreieren. Mir si bis elo nach alleguer eis eens gewiescht, datt de Mëttelstand d'Réckgrat vun eiser Economie ass an och an Zukunft muss bleiwen.

Mä et ass just de Mëttelstand, souguer wa mer d'Finanzen hu fir deen Accord hei kënnen ze finanzéieren, längerfristeg - do steet jo och nach e Fragezeichen hanndrun -, dee ganz sécher als Éischten d'Auswierkung vun dësem Accord ze spiere kritt.

Wann een d'Statistike kuckt - se waren dëser Deeg an den Zeitungen -, da gesi mer, datt mir dat Land sinn an der Europäescher Unioun, dat dee klengste Prozentsatz entre-temps huet vun eegestänneg Beruffer, vun eegestänneg klengen a mëttlere Betriber.

Dat Signal - an dat ass dat, wat mech hei stéiert, et ass net datt ech géing mengen, et wier net ze finanzéieren, a scho guer net datt ech deene Leit dat net ka vergonnen, déi heivunner profitéieren -, wat mer no bausse ginn, ass e falscht Signal.

Ech wëll drun erënneren, datt esou eminent Historiker a Soziologen, wéi den Här Calmes, ech erlabe mer hei den Numm vun engem André Heiderscheid ze nennen, scho viru ville Jore gewarnt hunn, datt mer amgaang wäeren de Wee an de Beamtestat ze goen.

D'Suerg, déi ech hei wëll zum Ausdrock bréngen - duerfir hunn ech mer d'Wuert nach eng Kéier gefrot -, ass déi, datt mer effektiv eise jonke Leit, déi nach gewëllt si Betriber ze iwwerhuelen oder weiderzeféieren, heimat erëm eng Kéier dat falscht Signal ginn.

Här President, wann ech an deem Beruff kucken, aus deem ech kommen, an der Landwirtschaft...

(Interruptions)

Jo, ech si gläich um Schluss, ech erklären lech dat dann, Här Asselborn.

...an am Wäibau ronderëm mech kucken, da wëll ech hei soen, datt et mer Angscht ass fir eis Betriber, well bal keng jonk Leit méi do sinn, déi d'Betriber nach wëlle weiderféieren. Vläch emol net, well se net méi rentabel wäeren, well se net genuch géingen drop verdéngen, fir kënnen drop ze liewen, mä ganz einfach well dee Gruef ze grouss ass a well dat Signal, wat ëmmer erëm vun eis ausgeet, drop hiweist: "Ma dann hänkt dach de Betrib léiwer un den Nol a probéiert beim Stat oder bei der Gemeng ënnerdaach ze kommen!"

En zweete Grond, deen ech nach ganz kuerz hei wollt uféieren, ass déi berühmte Rentemauer, déi eise Statsminister bei all Geleeënheet un d'Wand moolt, a wou jo och dëser Deeg erëm eng Kéier duerch e Vertrieeder vun der Sécurité sociale gesot ginn ass, datt den Accord, dee mer fonnt hunn um Rentendesch an hei a Gesetzesform gekleet hunn, op d'Längst net finanziell tragbar wär.

Hei - mäi Kolleg Gibéryen huet et gesot - gött d'Fro net gestallt: "Wéi finanzéiere mer dat?" Op där anerer Säit soen de Statsminister a seng Leit. "Dat do ass net ze finanzéieren an iergendwann eng Kéier fält dat eis op de Kapp."

Här President, wann ech d'Optioun muss huelen, entweder dat Geld hei an de Secteur public ze stiechen, oder op där anerer Säit déi Renteverbesserung, déi mer beschloss hunn am Privatsecteur, mat deemselwechte Geld längerfristeg ofzesécheren, dann ass meng Optioun ganz kloer déi zweet.

Dat wollt ech hei gesot hunn. Ech wäert mech menger Fraktioun uschléissen, Här President, a mech beim Vote hei enthalen, mä am Häerz an am Intérêt vum Land, vum Mëttelstand a vun enger gesonder Entwécklung vun eiser ekonomescher Struktur soen ech dach awer Neen zu dësem Accord.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo de Statssekretär vun der Fonctioun publique, den Här Jos Schaack.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer am Ufank lech alleguerte villmools merci ze soe fir déi konstruktiv Beiträg ronderëm de Gesetzesprojet 4948. Ee Merci, an deen ech ganz besonnesch wéilt d'Membere vun der Kommissioun vun der Fonction publique an hire Président-rapporteur mat abezéien, déi och dës Kéier erëm eng excellent Aarbecht gemaach hunn.

Sämtlech Riedner hunn zu dësem Projet ganz villes gesot a ganz interessant Iwwerleeunge gemaach. Et gouf eigentlech scho bal alles derzou gesot.

Erlaabt mer fir mäin Deel dofir a menge kuerzen Ausféierung just op dräi Punkte vun dësem Gesetzesprojet ganz besonnesch anzegoen.

Fir d'éischt emol huet dësen Text ee ganz präzisen Ulass. E berout op dem Gehälteraccord an der Fonction publique vum 21. Mäerz vun dësem Joer a beschränkt sech dorobber, déi wichtegst vun deene Mesuren an ee Gesetzestext anzeschreiwen. Et ass een Accord getraff ginn, dee sech iwwer dräi Joer erstreckt.

1,6% pro Joer, dat ass ee Resultat, dat net nëmme sozialpolitesch, mä dat och finanzpolitesch ze veräntwerten ass. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg deen héchste Wirtschaftswuesstum aus der Europäescher Unioun. Méi wéi 4% fir 2001, wat am internationale Kontext considéabel ass, mä wat wäit ewech ass vun deem Taux de croissance vum Joer 2000, dee jo bekanntlech bei 8,5% louch.

Wat d'Joer 2002 ubelaangt ass ze bemierken, dass mer hei de genauen Impakt vun zwee Facteuren haut nach net kennen. Dat ass engersäits d'Aféierung vum Euro, anerersäits d'Steierreform, déi den 1. Januar 2002 a Kraaft getraff ass. Trotzdeem wäerte mer och dëst Joer eng Croissance kréien, déi akzeptabel ass. Ausserdeem hu mer ee Budget, deen am Equilibre ass, esou dass ee grosso modo ka soen, dass dësen Accord - an ech betounen nach eng Kéier: dee sech iwwer dräi Joer erstreckt - fir béid Parteien akzeptabel ass.

Et ass also a mengen Aen en Accord fonnt ginn, deen dem wirtschaftlechen Ëmfeld Rechnung dréit. Et ass en Accord tëschent zwou Parteien, deen ech als raisonnabel an zugläich als responsabel géing charakteriséieren.

Während de Joren 2002, 2003 an 2004 geet also de Punktwäert vun alle Statsbeamten, Employéen an Aarbechter ëm jeweils 1,6% pro Joer an d'Luucht. Dat neit Gesetz wäert den 1. September vun dësem Joer a Kraaft trieden, sou datt um Enn vun deemselwechte Mount a réckwierkend op den 1. Januar 2002 d'Paie mat deem neie Punktwäert wäerten ausbezueelt ginn.

Dat ass, wéi gesot, déi wichtegst awer gläichzäiteg och déi eenzeg vun de Mesuren aus dem Lounaccord vum 21. Mäerz, déi an dësem Text hiren Nidderschlag fonnt huet.

An dobäi wär ech scho bei där zweeter vu mengen Iwwerleeungen ukomm, nämlech, datt mer et hei mat engem Gesetzesprojet ze dinn hunn, dee ganz einfach a senger Struktur a grad esou einfach a sengem Verständnis ass.

Et hu just zwee Gesetzter missen ëmgeännert ginn, fir dës Upassung an dräi Etappe vu jeweils 1,6% an d'Gesetzesform anzekleeden: d'Gesetz iwwert d'Valeur vum Punktwäert an d'Budgetgesetz vum lafende Joer.

Selbstverständlech - an Dir wësst et alleguer - ass de Lounaccord vum 21. Mäerz, deen d'Regierung mat der CGFP zesummen ënnerschriwwen huet, méi komplex a méi vielfälteg.

Mir waren allerdéngs der Meenung, datt bei där lafender Reform vum Beamtestatut souwisou eng ganz Rei aner Texter mussen ofgeännert ginn, wat d'Gehälter, d'Pensiounen an esou weider ubelaangt, soudass et sech eriwwege géif de Projet 4948 domadder onnëtz ze surchargéieren a mat weideren Ännerungen un dësen Texter méi komplizéiert ze maachen. All déi aner Mesurë vum Lounaccord wäerten duerfir iwwert de Wee vun Amendementer un de Gesetzesprojet 4981 am Hierscht ugehaange ginn, esou datt dës Projet, Här Di Bartolomeo - an ech adresséiere mech besonnesch un lech -, da misst esou schnell wéi méiglech an Ärem Haus hei kënne votéiert ginn.

Mir hunn et also, an dat wär meng drëtt a lescht Iwwerleeung...

Une voix. - Virun de Wahlen!

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.* - ...mat engem am Ëmfeld klengen a bescheidenen, duerfir ganz iwwersiichtleche Projet ze dinn, deen awer inhaltlech gesinn doriwwer eraus seng grouss Wichtigkeet fir de ganzen öffentliche Dénkscht huet.

Une voix. - Kleng, mä reng.

M. Joseph Schaack, *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative.* - Genau sou ass et.

Eleng fir den eegentleche Statssecteur chiffrierte seng Ausgabe sech fir 2002, 2003 an 2004 op ronn 111 Milliounen Euro. Den Accord applizéiert sech direkt op ronn 18.500 Statsbeamten, Employéen an Aarbechter an doriwwer eraus zousätzlech op 21.000 Leit an deene sou genannten assimilierte Secteuren.

Et ass e Lounaccord, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee sech an der Continuitéit vun der Gehälterpolitik vun där ablécklecher Regierung aschreift, esou wéi dat an hirem Regierungsprogramm am August 1999 ugekënnegt gi war. Dës Regierung huet domadder jiddefalls hir Engagement vis-à-vis vun der Fonction publique gehal. Den Accord salarial vum 29. Mee 2000 huet d'Joren

2000 an 2001 couvréiert. Deen zweeten Accord salarial vum 21. Mäerz 2002 huet eng Lafzäit vun dräi Joer a viséiert d'Joren 2002, 2003 an 2004.

Awer net nëmmen Engagementer goufen agehalen. Et kann een och weider dobäi soen, datt esou wéi beim éischten Accord d'Regierung och bei dësem zweeten Accord der Meenung ass, e wär mat der allgemenger wirtschaftlecher Entwécklung verträedbar a géif sech am Kader vun de Contraintes budgétaires an de finanzielle Méiglechkeete vun eisem Stat bewegen.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesidd, vill méi wéi dat, wat haut an dësem Kontext vun alle Riedner zu dësem Thema gesot gouf, ass a sech net ze soen. Dir hutt et alleguer och an de jeeweilegen Avisa vum Statsrot an de Beruffschambere gemierkt, déi sech ganz einfach drop beschränkt hunn an e puer Sätz hiren Accord zu dësem Projet de loi ze ginn. Dobäi soll et dann och bleiwen an ech wëllt lech duerfir am Numm vun der Regierung nach eng Kéier, mat mengem Merci un lech alleguerte verbonnen, bieden dëse Gesetzesprojet an där Form, wéi en elo virleit, gutt ze heeschen an ze votéieren.

Des voix. - Très bien.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Entschëllegt, Här Statssekretär. Däerf ech just nach eng Fro stellen?

Des voix. - Neen, neen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dir hutt eis gesot, Här Statssekretär, dass de Statut esou séier wéi méiglech kënnt. Kéint Der eis wann ech glift mat därselwechter Prezisioun soen, wéini dass d'Gehälterrevisioun kënnt?

Des voix. - Och esou séier wéi méiglech.

M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative. - Genau, ganz ganz schnell, esou séier wéi méiglech.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Villmools merci fir déi ganz prezis Äntwert.

M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative. - Ech bieden lech.

M. le Président. - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4948 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Wien derfir ass, stëmmt mat Jo.

Wien dergéint ass, stëmmt mat Nee oder enthält sech.

De Projet de loi 4948 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Maggy Nagel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

7. Discours de Monsieur le Président

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, mir sinn elo um Enn vun eiser leschter öffentlecher Sitzung virun der Sommervakanz ukomm.

Dës parlamentaresch Sessioun stung ënnert dem Zeeche vu grondleeënde Verännerungen an der Welt, ugefaang mat den Ereegnesser vum 11. September 2001 an de Vereenegte State vun Amerika, déi hiren Néierschlag och an der Politik vun eisem Land fonnt hunn. Eist Land huet sech direkt zu sengen Alliéierte bekannt an all Form vun Terrorismus op d'schäerfst veruerteelt. Et ass sech awer och am Kloten, datt et net domat gedoen ass, dës modern Gäissel nëmme mat Waffen ze bekämpfen. Vill méi geet et drëm, sech fir d'éischt mam Nährbuedem vun deem weltwäite Phenomeen ausenannerzusetzen, fir duerno dozou bäizedroen him seng Grondlagen ze entzéien, eng Aufgab mat där sech d'Politik op längerer Siicht ausenannersetze wäert.